

**7. 7387 - Projet de loi****a) ayant pour objet :**

**1. d'autoriser le Gouvernement à effectuer, au cours des mois de janvier à avril 2019, les dépenses figurant aux tableaux annexés à la présente loi ;**

**2. d'autoriser le Gouvernement à recouvrer les impôts directs et indirects existant au 31 décembre 2018 d'après les lois et les tarifs qui en règlent l'assiette et la perception ;**

**3. de proroger certaines dispositions de la loi du 15 décembre 2017 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2018**

**b) portant modification de la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accises et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques**

Mir kommen elo zum Projet de loi 7387 iwwert d'Douzièmes provisoires. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Roth, den Här Berger, den Här Bodry, d'Madamm Lorsché an den Här Wagner. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

*(Brouhaha)*

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, an e bësse manner wéi zwou Wochen ass net nëmmen d'Joer 2018 eriwwer, mä den 31. Dezember op Sylvester kënn och de Budgets-exercice 2018 op en Enn.

D'Parlament huet eng Kontrollfunktioun géint-iwwer der Regierung. Grad beim Budget kënn dës Aufgab op eng besonnesch Manéier zum Ausdruck: Ouni weider Zoustëmmung vun dësem héijen Haus kéint d'Regierung, spréch de Stat, vum 1. Januar 2019 u keng weider Depensen tätigen an och keng Steiere méi ophiewen. Ouni de Vott vun engem Budget fir d'Joer 2019 wier de Statsapparat blockéiert.

Esou eng allgemeng Situatioun, sou en allgemengen „shutdown“, wéi et heiansdo an de Vereenegte State vun Amerika de Fall ass, wier sécherlech net am Sënn vun engem gutt funktionéierende Rechtsstat a scho guer net am Interêt vun de Leit, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, wunnen a schaffen.

Mir brauchen iwwert den Datum vum 31. Dezember eraus en handlungsfäege Stat, funktionéierend Institutionen an Administratiounen, déi hire Service um Bierger kënnen garantéieren. D'Budgetsposte fir d'Paien, d'Pensiounen oder d'Sozialleeschtinge mussen weiderlafen.

Ech denken och un d'Schantercher op eise Stroossen oder un de Bau vu Schoulen oder soss noutwendegen Infrastrukturen, déi ab dem 1. Januar gestoppt wieren, well keng Finanzéierungsméiglechkeet vum Stat méi géif bestoen. Ech kéint och nach weiderfuere mat der Justiz, Polizei, Arméi an esou weider, déi och alleguerten net méi hir Aufgabe kéinten erfüllen.

Dir verstitt, Léif Kolleginnen a Kollegen: Mir brauchen iwwert d'Joresenn eraus budgetär Mëttel, déi hei am Land fir Kontinuitéit suergen.

Ee vun deene grouse Prinzipie vum klaseschen Droit budgétaire ass dee vun der Annuitéit. D'Chamber gëtt der Regierung während enger begrenzter, bestëmmter Zäit, nëmlech engem Joer, ee Vertrauensvorschoss, fir mat engem bestëmmten a gestëmmten Budget ze schaffen. Dës Autorisatioun muss all Joers erneiert ginn.

Am Laf vun der Zäit ass nieft anere Prinzipien, wéi deem vun der Universalitéit vum Budget, nach en aneren derbäikomm, nëmlech dee vun der Anterioritéit. D'Budgetgesetz muss evidenterweis virum Ufank vun all Exercice gestëmmt sinn, also virum 1. Januar vun deem betreffende Joer.

De Prinzip vun der Annuitéit vum Statsbudget ass iwwregens an den Artikelen 100 an 104 vun der Constitution verankert. Sou seet den Artikel 104 ganz kloer: «Chaque année la Chambre arrête la loi des comptes et vote le budget.» An den Artikel 100 ënnersträicht Folgendes: «Les impôts au profit de l'État sont votés annuellement. Les lois qui les établissent n'ont de force que pour un an, si elles ne sont renouvelées.»

Och wann de Respekt vun der Annuitéit en zentraalt Element vun der Organisatioun an dem Fonctionnement vun de Statsfinanzen ass, sou kann deen Zeenario vun der Onméiglechkeet, de Budget an der virgeschriwwener Zäit ze stëmmen, net a priori - vu vireran also - ausgeschloss ginn.

Genee wéi am Joer 2013 geheit nëmlech d'Wahljoer 2018 de klasesche Budgetskalenner op d'Kopp. Sou kuerz no der Vereedung ass et enger Regierung nëmlech kaum méiglech, an aller Serenitéit bis Joresenn e fuschneie Budget opzustellen an dëse mat neie politeschen Akzenter ze fëllen.

Aus deem Grond gëtt, genee wéi schonn 2013, op déi aussergewéinlech Prozedur vun de sougenannten „douzièmes provisoires“ zrëckgegraff, u sech eng Derogatioun zum ugeschwate Prinzip vun der Annuitéit.

Dobäi geet et grad drëms, fir sech op dee leschte gestëmmte Statsbudget, also dee vun 2018, ze baséieren, vun dësem Budget also auszugehen, fir de maximale Montant vun de Kreditter festzeleeën, déi während der Period, déi dëse Gesetzesprojekt virgesäit, kënnen ausbezueelt, spréch „liquidéiert“ ginn. An dat ass d'Period vum 1. Januar bis den 30. Abrëll 2019, also véier Zwieleftel oder een Drëttel vum Joer.

Et ass am Fong eng Zort Iwwergangsbudget, bis mer d'nächst Joer am Fréijoer hei am Parlament iwwert de Rescht vum Budgetsexercice ofstëmmen.

Här President, d'Prozedur vun den Douzièmes provisoires war hei zu Lëtzebuerg eng laang Zäit net d'Ausnam, mä d'Regel. Wann ee sech e bësse mat der Documentation parlementaire vun dësem Haus beschäftegt, da gesäit een, dass an der Zäit nom Zweete Weltkrich, also vun 1945 u bis 1969, souguer all Joers Douzièmes provisoires gestëmmt gi sinn.

D'Ursaach war deemools net, dass mir all Joer politesch Krisen an Neiwahlen haten, mä dass sech d'Budgetdiskussionen bis an dat neit Joer higezunn hunn. Wa meng Souvenire gutt sinn, ass de Budget da Mëtt November deposéiert ginn. Deemools gouf iwwer quasi all eenzelne Posten am Budget diskutéiert an dat huet nun eemol eng Rei Méint gedauert an an Usproch geholl.

Och eis Nopeschlänner si scho mat esou Zeenarie konfrontéiert ginn, wou de Statsbudget net méi am Joer selwer beim gestëmmt ginn. An der Belsch gouf zum Beispill nom Echec vun der Regierung Leterme II de Budget fir d'Joer 2012 och eréischt am Laf vum Joer 2012 gestëmmt. An eis däitsch Noperen hunn eng äänlech Situatioun 2017 kennt, nodeems déi erwaarte Jamaika-Koalitioun net zustane koom. Si kennen zu Berlin zwar net d'Praxis vun den Douzièmes provisoires, mä och si hunn eng sougenannt „vorläufige Haushaltsführung“ no engem Wahljoer gestëmmt. D'Basis ass bei hinne den éischte Regierungsentwurf.

Här President, mat dësem Gesetzesprojekt gëtt d'Regierung autoriséiert, fir während de véier éischte Méint vum Joer 2019 déi noutwendeg an onëmgängelech Depensen, déi den normale Fonctionnement vum Stat sécheren, ze tätigen. De Gesetzesprojekt erlaabt der Exekutivgewalt, der Regierung also, zousätzlech, fir déi direkt an indirekt Steieren anzedriewen, déi zum 31. Dezember 2018 nach fälleg sinn. Doriwwer eraus solle verschidden Dispositiounen vum Gesetz vum 15. Dezember 2017, mat deem de Statsbudget vun 2018 guttgeheescht gouf, verlängert ginn.

Wéi ginn d'Montante vun deenen Iwwergangsbudgetsposte festgeluecht? Leider kann een net ëmmer einfach d'Règle de trois applizéieren, fir déi eenzel Kreditter ze chiffrieren. Net all Poste kann einfach proportional op déi éischt véier Méint vum Joer gerechent ginn. Do ginn et Fluktuationen, wéi zum Beispill opgrond vun der Entwécklung vun de Salairen, déi ee muss berücksichtegen.

Ech wëll mech awer net am Detail verléieren. Ech verweise gären op den Dossier parlementaire, an deem déi eenzel Ausname ganz präzis explizéiert sinn.

Zur legaler Basis vun där Prozedur kann een nach soen, dass am Kader vum sougenannten „Paquet législatif Twopack“ d'Memberlänner vun der Europäescher Unioun iwwer e Règlement dozou verflücht goufen, fir sech national Prozeduren ze ginn am Fall, wou een den europäesche Kalenner net respektéiere kéint, wat och ëmmer d'Grënn duerfir wieren.

Lëtzebuerg huet dat mam mëttlerweil modifizéierte Gesetz vum 12. Juli 2014 iwwert d'Koordinatioun an d'Governance vun den effentleche Finanzen gemaach. D'Douzièmes provisoires sinn domadder vun der einfacher Gewunnecht, vun der einfacher Coutume, vun engem Gebrauch zu enger Prozedur ginn, déi an engem legalen Text verankert ass. Dat ass ze begreifen.

Nieft dem Avis vum Statsrot gouf et nach zwee aner Avisen, déi un d'Chamber respektiv un d'Finanzkommissioun adresséiert goufen. Dat war eng Kéier den Avis vun der Statsbeamte-kummer an dee vun der Handelskummer. Allen dräi hu se ënnerstrach, dass dëse Projet de loi reng technescher an apolitescher Natur wier, deen dem Stat ebe just géif erlaben, iwwert den 1. Januar weider ze funktionéieren.

De Statsrot huet sech dem Text net opposéiert an et koumen och keng Amendementer derbäi. D'Finanzkommissioun huet mäi schrëftleche Rapport an eiser Reunioun vum 14. Dezember ugehall.

Här President, fir all weider Detailer verweisen ech gären op dëse schrëftleche Rapport. Ech soen de Kollegen aus der Finanzkommissioun Merci fir déi kollegial, konstruktiv Zesummenaarbecht.

An lech soen ech Merci, dass Der mer opmierksam nogelauschert hutt.

Zum Schluss ginn ech dann och den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojekt, mat deem mer derfir suergen, dass de Stat iwwert den 1. Januar eraus handlungsfäeg bleift.

Merci.

*(Interruption)*

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Bauler. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt nach eng Kéier dem André Bauler Merci fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Bericht. Deelweis war et scho bal eng Introduction générale aux finances publiques.

Dir laacht, Här Finanzminister, mä en huet recht.

An ech wëll lech och nach eng Kéier vun dëser Plaz da Merci soen, wat dee komplizéierte Projet ATAD betrëfft, dee mer virdrun haten, wou Der eng ganz nuanciéiert Äntwert eigentlech ginn hutt op déi Froen, déi sech am Kontext vun deem Projet de loi stellen.

De Rapporteur André Bauler ass eigentlech a sengem mëndleche Bericht op déi speziell Situatioun agaan, an där mer sinn. Mir stëmmen u sech formal der Regierung d'Autorisatioun, fir ënnert dem Contrôle vun der Chamber déi nächst véier Méint iwwerhaapt d'Steieren an d'Taxen opzehiewen. A mir ginn och der Regierung eigentlech d'Autorisatioun, fir opgrond vun deene Budgetsposten, déi fir 2018 virgesi waren, Ausgaben ze tätigen.

Ech soen och riicht eraus: Mir hu mat dem Prinzip vun där Approche kee Problem als CSV, well et ass am Oktober gewielt ginn, déi nei Regierung stoung um Kleeserchersdag, an dann ass et einfach vun der Budgetsprozedur bei eis am Land hier iwwerhaapt net méiglech, fir e Budget formaljuristesesch stoen ze hu viru Chrëschttag.

D'CSV seet selbstverständlech Jo zum Funktionement vun engem gudde Stat, Jo virun allem zum Rechtsstat. Ech mengen, eis Justiz, eis Police, eis Arméi, déi mussen funktionéieren, grad wéi déi aner Servicer. An duerfir soe mir och Jo, dass virun allem Paien a Gehälter a Renten a Pensiounen kënnen ausbezueelt ginn. A mir soen och Jo, dass d'Sozialleeschtinge kënnen bezueelt ginn, well d'Sozialleeschtingen eigentlech op gesetzleche Basisse funktionéieren.

Dir erlaabt eis awer och, am Kontext, mengen ech, vun engem Budget provisoire e Bléck ze gehien op dat finanziellt an ekonomesch Émfeld, wou eist Land de Moment ass. A mir ginn eigentlech net midd ze héieren, oder hie gëtt net midd et ze soen, eise Statsminister, dass, wann et dem Land gutt geet, da soll et de Leit och gutt goen.

Mir kréien dann am Regierungsprogramm virun enger Woch matgedeelt, dass et gratis Bus, gratis Tram, gratis Bunn gëtt, gratis Kanerbetrieung an de Maison-reläisen, gratis Musekunterrecht. Et gëtt Cannabis a Steuerklass 2 eigentlech fir jiddwereen. Et ass praktesch wéi am Schlaraffenland. Häerz, wat begiers de méi!

An et rechent een emol net aus, wat alles soll kaschten! „Dat kucke mer an enger zweeter Phase“, heescht et nëmmen.

*(Interruption par M. Eugène Berger)*

A wann et net duergeet, Här Berger, da maaech mer net nëmme wéi 2013 2,2 Milliarden Euro nei Schold, mä mir soen: „Mir kënnen eigentlech bis 30 % vun dem Bruttoinlandsprodukt goen, duerfir kënnen mer nach eng Kéier 8,5 Milliarde Schold zousätzlech maachen. Also, besser kann et jo bal net goen!“

► **M. Claude Haagen** (LSAP).- Exzellente Analyse!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- A wat ass d'Explikatioun do dervunner, Här Haagen?

► **M. Claude Haagen** (LSAP).- Exzellente Analyse!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Ma exzellente Analyse! Ech kommen dozou.

An d'Explikatioun do derzou ass eigentlech: „Majo, 2013 wier d'Land riicht an d'Mauer gaangen“, seet den Här Gramegna, „a well mir awer elo gutt geschafft hunn, ass elo erëm alles an der Rei.“

A firwat hutt Der gutt geschafft? Majo, well Dir eigentlech en Zukunftspak opgeluecht hutt, en Zukunftspak, deen zwar d'Sozialiste genannt hunn, et wier e Feeler gewiescht, en Zukunftspak, wou mir gesot hunn, et wier e Bezuelpak, wou Dir awer gesot hutt, neen, dat wier fir d'Zukunft.

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Dat ass alles Vergaangenheet ...

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dat ass alles Vergaangenheet, mä ...

*(Interruption par M. Henri Kox)*

Jo, jo, jo. Här Kox, aus der Vergaangenheet léiert een och ëmmer, Schlëss fir d'Zukunft ze zéien.

*(Brouhaha)*

An erlaabt mer elo e bëssen ... Dir kënn herno esou laang schwätzen, wéi Der wëllt. Meng Zäit, déi leeft.

An duerfir wëll ech eigentlech zu de Fakte kommen. An do wëllt ech lech soen, wat an den Notes au formateur steet. Do ass effektiv och deen Zukunftspak ugefouert, Här Kox!

An do liese mer, dass deen Zukunftspak, dass dee ganzer Spuermoosname vun netto 172 Milliounen Euro virgesinn huet an en huet zousätzlech Recetten - elo haalt lech gutt un! - fir 390 Milliounen Euro virgesinn iwwert d'Erhéijung vun der TVA. Eng Erhéijung vun der TVA, vun där d'DP, déi jo den Auteur ass vun deem Zukunftspak, 2013 virun de Wahlen ganz kloer gesot huet: „Mat eis wäert et keng Erhéijung vun der TVA ginn.“

Abée, si hunn en Zukunftspak opgeluecht, Dir Dammen an Dir Hären, deen zu zwee Drëttel vun zousätzleche Recettë finanzéiert gëtt an nëmmen zu engem Drëttel vu Spuermoosnamen.

Dat ass eigentlech, wann ech dat salopp wëllt soen, wéi se dat bei eis um Land soen: Dat ass fir eis en „bloer Bluff“! Et ass e regelrechte Bezuelpak.

A wa mer scho bei de Fakte sinn, Här Kox, da géif ech op dat Zweet kommen. Do wier et awer gutt, wann Der och géift e bëssen als Gréngen nolauschteren. An dat Zweet, dat sinn déi Zuelen, déi eis ausgedeelt goufen nach de Moien an der Finanzkommissioun. Si si kleng geschriwwen, mä et geet nach esou just, dass ech se gelies kréien, an d'Hauptsach hu mer och dobäi verhalen.

Déi Zuelen, déi sinn um Niveau vun de Recetten, muss ee soen, gutt. Dat ass net ze contestéieren. Déi Zuele si gutt, an et gesäit een, firwat dass se gutt sinn: majo, well 12,2 % méi Loun- a Gehaltssteuer dëst Joer eragehall gouf, 2018, wéi dat 2017 war. 12,2 %!

Wa mer déi also eranhuelen, da muss ech lech ganz éierelech soen, wann d'Leit also 12,2 % méi Steiere bezuele vun engem Joer op dat anert, da soen ech lech riicht eraus, da kann ech net novollzéien, firwat dass d'lescht Woch déi Fuerderung (veuillez lire : déi Fuerderung net akzeptéiert ginn ass), déi d'CSV virbruecht huet, nëmlech dass mer bei dem Verkaf vun Immobilien, ob dat en Terrain ass oder ob dat en Haus ass, de Leit elo do net sollten d'Plus-value huele vun 10 %, wéi dat nach ass bis den 31. Dezember dëst Joer, mä dass d'Leit ab dem 1. Januar müssen 20 % op där Plus-value bezuelen.

Elo kënn Der soen: „Ma dann hunn déi jo verkaaft, da kënnen se och bei d'Oder gelooss ginn.“ Wann een dat awer an de Kontext vun enger offensiver Wunnengsbaupolitik setzt, da fanne mir, dass dat kontraproduktiv ass, well d'Leit iwwerlees sech schonn, wa se en Terrain verkafen zu engem Präis x, ob se elo dem Stat nach zousätzlech dovunner 10 % oder 20 % mussen ginn. D'autant plus, wann et Leit sinn, déi Immobilien hunn, spréch Bauterrainen, da sinn déi net onbedéngt presséiert, fir déi mussen schnell ze verkafen.

*(Brouhaha)*

A wann ech dann de Moien am Auto - mat hirer Dynamik, ech fannen dat och richteg - déi





nei Wunnengsbauministes hëieren, dass déi seet: „Jo, mir hunn dat do elo emol auslafe gelooss. Mä näischt hënnert eis drun, dat herno jo nach eng Kéier erëm anzeféieren, dat heescht, dass mer net 20 %, mä 10 % op der Plus-value froen.“

### (Interruptions)

Mä da soen ech lech awer, da soen ech lech awer ... Hei, Dir kënt herno esou laang schwätzen, wéi Der wëllt!

Da soen ech lech awer - Här Kox, Dir kommt jo och vum Land -, mä d'Bauern hunn awer eng gewësse Bauernschläue. Dat sinn awer déi, déi Terrainen hunn. Ma, da géif ech mer als Bauer soen: „Ma, da läit dat nach gutt fir mech an da waarden ech elo emol, wat an den nächste Jore kënnt, ob mir dann elo verkafen oder ob mer ...

### (Interruptions)

... oder ob mer méi spéit verkafen.

Dann, wou mer duerchaus ...

### (Interruption)

Wannechgelift!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Ah, Dir sidd awer nach do, Här President!

### (Hilarité)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Roth huet d'Wuert.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Entschëllegt!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Loost lech net stéieren, Här Roth! Dir hutt d'Wuert, an Dir eleng.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Entschëllegt, mä mir sinn nëmme Volleksvertrieeder!

Wat ech da muss soen, wou mer dem Finanzminister recht ginn, dat ass a senger Analys iwwert d'Betribsteier. An dat sollt een éierlech gesot net ideologesch kucken, mä dat soll een och pragmatesch a praktesch kucken.

Mir gesinn, dass eng ganz Rei vun Elementer vun der Betribsteier bei eis an d'Luucht ginn, wat och gutt ass, sief dat d'Kierperschaftsteier, sief dat virun allem d'Gewerbsteier, déi an d'Luucht geet, sief dat och d'Vermögenssteier, d'Kapitalsteier, déi exklusiv vun de Betriber bezuelt ginn. A mir gesi virun allem bei der Taxe d'abonnement, déi vun der esou oft verruffer Fongenindustrie bezuelt gëtt, mä do si mer elo schonns op Allerhellegen bei iwwer enger Milliard Steuerrecettë fir dëst Joer. An do si mir eigentlech mat där Analys d'accord, déi de Finanzminister elo just, mengen ech, zum Deel och a senger eegener Persoun gemaach huet.

Et kann een u deene Steierschrauwen dréie goen. Ech weess, dass et gutt kléngt, dass ee seet: „Ma déi Betriber“ - iwwregens ass et nëmmen 1 % vun de Betriber, déi 75 % vun dem Steieropkommes vun de gesamte Betriber bezuelen - „déi Betriber, déi kënne vill méi Steiere bezuelen.“ Mä e Betrib, contrairement zu enger Persoun, dee ka vill méi séier iwwert d'Grenz goen, dee ka vill méi séier an d'Ausland sech delokaliséieren, an den Här Mosar huet à propos vun der Clearstream, mengen ech, e praktescht Beispill vun haut gesot!

An duerfir zielt dat bei eis ganz kloer, do kann een u de Stellschrauwen dréie goen, mä do muss een oppassen, well och do zielt of: « Trop d'impôt tue l'impôt. » An ech soen lech ganz éierlech: Mir hu léiwer, et si méi Betriber am Land, wou een eppes kritt, och wann et manner ass, wéi wann een herno wëllt eng héich Steuer hunn an et huet ee keen, op deem een déi héich Steuer kann applizéieren.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dann zu de Kollege vun deene Gréngen.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo, jo. „Klimaschutz in Luxemburg - To do Lëscht Klima“, dat ass en Dossier de presse - iwwregens gutt gemaach, fannen ech - vum 3. Dezember 2012. Do steet da grouss: ...

### (Interruption par M. Henri Kox)

Jo, jo, jo. Dir hutt virdru vun der Vergaangene geschwat, Här Kox.

### (Interruption par M. Henri Kox)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- „To do Klima: aus dem Tanktourismus erausklammen!“, soen déi

gréng 2012. Si waren elo fënnel Joer laang an enger Regierung - fënnel Joer laang an enger Regierung! -, wou se gesot hunn: „Mir müssen do méi maachen, mir mussen méi fir de Klima maachen.“

Abee, wann een déi Lëscht vun de Moie kuckt, da gesäit een, an et liest een déi Nott 2 vun 2018, d'Note de conjoncture vun dem Statec, déi ass och dran, da weess een, dass iwwert d'Akzisen a besonnesch iwwert den Tanktourismus, dass op den Akzisen iwwer 6 % méi Recettë komm sinn an dësem Joer.

A firwat?

### (Interruption)

A firwat? Ma ausdrécklech doraus, well den Differenz vum Präis, dat heescht dat, wat zu Lëtzebuerg op der Pompel bezuelt gëtt a wat an den Nopeschlänner bezuelt gëtt, an der Belsch an a Frankräich, well dee méi grouss ginn ass. An dat ass dann och vun dem Statec hei gutt formuléiert.

Ech erlabe mer, dat virzeliesen: « En 2018, elles progressent », dat sinn also d'Akzisen, « de 6,8 % sur un an [...]. Cette évolution découle en partie de celle du cours du pétrole », dat ass an der Rei, « son rebond depuis le début de 2016 incite à nouveau les étrangers à venir faire le plein au Luxembourg. Le différentiel des prix à la pompe entre les pays voisins et le Grand-Duché s'est en outre accru suite à des relèvements des taux d'accises dans les pays limitrophes, en particulier sur le diesel en France et Belgique. Ceci ne joue que pour les particuliers », also déi eenzel Leit, « les professionnels pouvant récupérer la TVA et [...] une partie des accises. »

Do muss ech eigentlech soen, Här President, dass een do awer muss kucken a gemooss ginn un deem, wat een de Leit als Virgab gëtt, an deem, wat d'Realitéit ass. Also hei profitéiert eng Regierung, dont déi gréng, déi en aktiivt Element dovun sinn, während fënnel Joer, dass si méi Suen iwwert d'Akzise kréien, méi Suen iwwert den Tanktourismus kréien an net emol d'Proposition anhuelen, Här Kox - net emol d'Proposition anhuelen! -, fir dee Plus u Recetten an dee berühmten Zukunftsfong vun dëser Regierung anzeschreiwel!

### (Interruption)

Dat nennt een u sech nohaltegréng Finanzpolitik!

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

### (Brouhaha)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen also net, dass d'Suen, déi de Stat huet de Moment - mir sinn och frou doriwwer -, dass déi aus enger souenanter „kopernikanescher Finanzrevolution“ kommen. Mä déi Sue kommen opgrond vun enger gudder Konjunktur, déi Sue kommen, well d'Leit, well d'Betriber, well déi ganz einfach vill a gutt Steiere bezuelen.

A mäin drëtten a leschte Punkt ass awer deem, dass jo eigentlech mëttelfristeg drop tabléiert gëtt, dat hu mer och de Moien hëieren, mat alle Risiken, déi dat kann hunn, op eng gutt ekonomesch a wirtschaftlech Evolution.

Ech mengen, all Politiker hei an deem Haus an doriwwer eraus, dee soll hoffen, dass déi ekonomesch Situation vun dem Land sech positiv an den nächste Jore wäert entwéckelen. An do hu mer awer e bësse Bedenken, besonnesch wat d'Fiabilitéit vun deenen Aschätzungen ubelaangt. Ech soen lech ganz éierlech, wann ech déi Zuele kucken, déi eis virleien, dann hunn ech d'Impressioun, dass mir awer e Statec hu virun de Wahlen an e Statec no de Wahlen!

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Mat allem Respekt fir déi vill Aarbecht, déi an där Verwaltung oder an deem Haus do gemaach gëtt: Mä dat ass iergendeppes wéi eng Kaffissazlieserei!

### (Hilarité)

Et ass ëmmer just dat, wat de Moment gare gehéiert gëtt, a mir explizéieren zwee Joer duerno, firwat dass de Wirtschaftswuesstum awer net esou vill war, mä awer nëmmen esou vill.

Wann Der dat elo nëmme kuckt, déi Zuelen, da muss ech awer soen, dat zielt fir d'Fiabilitéit, och fir déi Kontroll - et gëtt jo vill vun der Opposition als Kontroll vun der Regierung geschwat, dat ass eng nobel Roll, déi hir zoukënn iwwert de Wee vun der Constitioun -, mä wann ech awer elo kucken: de Wirtschaftswuesstum am Budget 2018, geschat tëschent 3 % a 4,4 %. Da kënnt eng Note de conjoncture am Fréijoer dëst Joer: 3,9 %. Dat gëtt och op Brëssel geschéckt, 3,9 %, am Fréijoer, am Abrëll. An da sinn d'Wahlen eriwwer, an den Dag duerno kënnt eng nei Note de conjoncture, eng nei Note au formateur, dann ass de

Wirtschaftswuesstum net méi 3,9 %, dat heescht bal 4 %, dann ass deem nach 3 %!

Ech soen lech ganz éierlech, mat allem Respekt virun där Aarbecht, déi do gelescht gëtt, mä dat do, dat bréngt mir hei am Haus och fäerdeg an et kascht vill manner!

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dir Dammen an Dir Hären, esou vill zur Fiabilitéit. Nach eng Kéier: Ech gesinn, dass bei dëser Regierung alles beschts ass, dass se awer refuséiert, fir eng Indexéierung vun dem Kannergeld virzehuelen. Si wëllt dat eréischt zum Schluss vun der Legislaturperiode maachen. Mä wann et do ass fir d'Leit, wann et dem Land gutt geet, an et dann de Leit soll gutt goen, mä da fänkt direkt un an erhéicht direkt d'Kannergeld fir d'Leit, da schaaft ...

### (Interruptions)

Da schaaft 50 % vum ... Dann haalt de Quart du taux global bai! Well d'Sue sinn ... Jo, Dir verspricht alles, Dir verspricht alles, an d'Finanzéierbarkeit ...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Mir halen eis un de Plang fir Lëtzebuerg!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo, jo. An d'Finanzéierbarkeit, Här Bodry, déi kënnt herno, herno gëtt déi eréischt duerchgerechent. Dir vertraut op eng gutt Konjunktur. A wann näischt méi geet, da maache mer nach weider Scholden.

Déi Politik, Dir Dammen an Dir Hären, déi kënne mir als CSV net matmaachen, well d'Scholden vun haut, dat sinn d'Steiere vu muer.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. D'CSV wäert dëse Budget provisoire net stëmmen!

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Roth. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Eugène Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

### (Interruption par M. Gilles Roth)

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Hutt Der eng Motioun?

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Mir hunn Amendementen. An deem Sënn, fir eise Fuerderungen Nodrock ze ginn, hu mer Amendemente gemaach. Zwee Amendementen, déi dréien drëms, fir de Quart du taux global bäizebehalen. An déi aner zwee Amendementen dréien drëms, fir d'Kannergeld direkt op den 1. Januar ze indexéieren.

### Amendement 1

L'intitulé du projet de loi est modifié comme suit :

« *Projet de loi*

a) ayant pour objet : 1. d'autoriser le Gouvernement à effectuer, au cours des mois de janvier à avril 2019, les dépenses figurant aux tableaux annexés à la présente loi ; 2. d'autoriser le Gouvernement à recouvrer les impôts directs et indirects existant au 31 décembre 2018 d'après les lois et les tarifs qui en règlent l'assiette et la perception ; 3. de proroger certaines dispositions de la loi du 15 décembre 2017 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2018

b) portant modification de la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accises et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques

c) modifiant la loi du 29 juin 2016 portant modification d'une disposition en matière d'impôts directs

d) modifiant l'article 272 du Code de la sécurité sociale »

Commentaire

Cet amendement tient compte des amendements 2 et 3 qui visent à modifier la loi du 29 juin 2016 et l'article 272 du Code de la sécurité sociale non visés par le projet de loi sous rubrique initial.

### Amendement 2

Il est proposé d'ajouter un nouveau Chapitre I – Dispositions modificatives et d'y intégrer un nouvel article 26. Le nouvel article 26 a pour objet de modifier l'article unique de la loi du 29 juin 2016 portant modification d'une disposition en matière d'impôts directs :

À l'article unique de la loi du 29 juin 2016 portant modification d'une disposition en matière d'impôts directs la date du « 31 décembre 2018 » est remplacée par la date du « 31 décembre 2019 ».

Commentaire

Nous notons tout d'abord que l'idée de l'imposition au quart du taux global des plus-values en cas d'alienation à titre onéreux d'immeubles n'est pas nouvelle.

Comme le rappelle la Chambre des Salariés dans son avis du 9 juin 2016 au projet de loi n° 6983 à juste titre : « une mesure fiscale analogue à celle du projet de loi sous avis avait été introduite par l'article 2 de la loi du 30 juillet 2002 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation [...] Cette loi prévoyait, pour les années d'imposition 2002, 2003 et 2004, une imposition des plus-values immobilières réalisées par les contribuables personnes physiques au quart du taux global. La mesure fiscale en question fut prolongée jusqu'en 2007 par la loi du 21 décembre 2004 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005. »<sup>1</sup>

La majorité gouvernementale issue des élections de 2013 avait donc décidé de réinstaurer ce régime d'imposition via une loi du 29 juin 2016. Ce régime a été limité dans un premier temps jusqu'au 31 décembre 2017, puis prolongé pour expirer au 31 décembre 2018.

D'après les informations à notre disposition, l'imposition au quart du taux global devrait avoir eu un effet nettement positif sur l'offre de terrains à bâtir et d'habitations<sup>2</sup>. L'initiative gouvernementale aurait également été saluée par le Fonds monétaire international<sup>3</sup>. C'est pourquoi nous considérons qu'il serait utile de prolonger le régime d'imposition susmentionné pour augmenter l'offre de terrains à bâtir et d'habitations.

### Amendement 3

1. Il est proposé d'ajouter au nouveau Chapitre I – Dispositions modificatives (cf. Amendement 3 (veuillez lire : Amendement 2) un nouvel article 27.

Le nouvel article 27 a pour objet de modifier l'article 272 du Code de la sécurité sociale. À la première phrase de l'alinéa 1 le montant de « 265 euros » est remplacé par celui de « 271,62 euros ».

Commentaire

Cette adoption tient compte de la dernière augmentation indiciaire qui remonte au 1<sup>er</sup> août 2018.

2. Il est ajouté un nouvel alinéa 3 à l'article 272 du Code de la sécurité sociale ayant la teneur suivante :

« Le montant ci-dessus est périodiquement adapté à l'indice pondéré du coût de la vie suivant les dispositions applicables aux traitements des fonctionnaires de l'État. »

Commentaire

Afin de créer les marges budgétaires suffisantes pour financer les nouvelles priorités dans le domaine de la politique familiale, le Comité de coordination tripartite, réunissant le Gouvernement, les organisations patronales et les syndicats était parvenu en date du 19 avril 2006 à un accord selon lequel le forfait d'éducation et les prestations versées par la Caisse nationale des prestations familiales seront désindexés.

En 2014, le Ministre des Finances s'est engagé à l'élaboration d'un budget dit « copernicien » pour moderniser en profondeur l'État luxembourgeois.

Selon les propos de Monsieur le Ministre des Finances en date du 23 juillet 2018 « les comptes de l'État sont désormais très proches de l'équilibre » et « le prochain Gouvernement pourra poursuivre une politique volontariste engagée pour préparer au mieux le pays aux défis de l'avenir et continuer à améliorer la qualité de vie des citoyens ».

Dans la mesure où les finances publiques se trouvent dans un état équilibré, l'amendement sous rubrique entend ainsi introduire le système de l'indexation automatique pour l'allocation familiale. La modification au niveau de l'article 272 du Code de la sécurité sociale prévoit par conséquent l'adaptation du montant de l'allocation à l'indice des prix à la consommation.

### Amendement 4

Le « Chapitre I - Entrée en vigueur » du projet de loi initial devient le « Chapitre J - Entrée en vigueur » et les articles 26 et 27 sont renumérotés et deviennent les articles 28 et 29.

Commentaire

Il s'agit de la suite logique de l'amendement 2. Cet amendement n'opère par ailleurs aucun changement quant au fond.

(s.) Gilles Roth, Martine Hansen, Laurent Mosar, Marc Spautz, Claude Wiseler.

<sup>1</sup> Voir également l'avis de la Chambre des Métiers à ce sujet.

<sup>2</sup> Réponse commune du Ministre des Finances Pierre Gramegna, du Ministre du Logement Marc Hansen et du Ministre de l'Intérieur Dan Kersch à une question parlementaire n° 3695 du 13 mars 2018 de Monsieur le Député David Wagner

<sup>3</sup> idem





► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools. Et ass elo um Här Berger.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Ech hat d'lescht Woch meng Ried ugefaange mat engem Zitat vum Gaston Thorn. Ech fänken dann haut meng Ried u mat engem Zitat vum Gilles Roth.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Eugène Berger** (DP).- „D'CSV, déi steet zum moderne Rechtsstat. An dee muss kënne fonctionnéieren. Duerfir brauch et Continuitéit. An dat och iwwert den 31. Dezember vum Joer eraus. D'CSV wëllt de gudde Fonctionnement vum Stat weider garantéieren. Mir wëllen, dass d'Gehälter an d'Paie vun de Statsbedéngschete kënne ausbezuelt ginn. Mir wëllen net, dass d'Pensiounen an d'Sozialleeschtingen a Fro gestallt ginn.“

Dat ass en Zitat, léif Kolleeginnen a Kolleegen, vum deemolegen CSV-Spriecher Gilles Roth, deem dat genau viru fënnf Joer hei op dëser Plaz gesot huet, wéi mer iwwert d'Douzièmes provisoires oder „provisionnels“, wéi am Ausland gesot gëtt, geschwat hunn. An deemools huet dunn de Spriecher vun der gréisster Oppositionspartei och nach gesot - ech zitieren nach eng kéier den Här Gilles Roth: „Mir maache keng bëlleeg Oppositionspolitik. Duerfir stëmme mer“ ...

(*Brouhaha général*)

Wannechgelift!

„Duerfir stëmme mer“, deemools 2013, „d'Douzièmes provisoires mat.“

Deemools huet also d'CSV verstänneg Oppositionspolitik gemaach, 2013. Haut schéngt dat net méi de Fall ze sinn, obwuel d'Madamm Hansen virun enger Woch gesot huet, si wëllen elo verstänneg Oppositionspolitik maachen a sënnvoll Projeten och hei an der Chamber matstëmmen.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Wat hu mer da gemaach virdrun?

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ma dofir hu mer jo zwee Amendementer!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Berger, erlaabt Der, datt d'Madamm Hansen lech eng Fro stellt.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Ech mengen, ...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- D'Madamm Hansen wëllt keng Fro stellen!

(*Hilarité*)

► **M. Eugène Berger** (DP).- Nee, si wollt just eppes soen, mä ...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech war perséinlech ugeschwat ginn. Ech wollt just soen, an deem Sënn hu mer jo zwee Amendementer elo virbruecht, fir et ze verbesseren.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Gutt. Mä op alle Fall gesinn ech dat par rapport zum Discours vun 2013, wou d'CSV verstänneg zu den Douzièmes provisoires geschwat huet a se och gestëmmt huet, wat haut net méi wäert de Fall sinn.

Mä ech wëll nach eng kéier rappeléieren, Här President: Dat hei ass en technesche Budget, et ass eng technesch Prozedur, et ass en apolitesche Projet de loi!

Wat gëtt eigentlech gemaach? Ma mir erlaben dem Stat, iwwert den Datum vum 1. Januar eraus ze fonctionnéieren, well soss kéinte mer zum Beispill Zoustänn kréie wéi an Amerika mat deem sougenannten „shutdown“. Da géif effektiv dat antrieden, wat den Här Roth 2013 net wollt, datt mer also net kéinte Paie bezuelen, keng Pensioune kéinte bezuelen, keng Sozialleeschtingen. An hei kann een net argumentéiere wéi bei engem normale Budget, bei engem politesche Budget.

Dir hutt awer virdrun, wann ech gutt nogelauschtert hunn, ganz vill Exkurse scho gemaach op Är Ried vum 25. Abrëll 2019. Do kënnt Der eng ganz Rei Saache vläicht dozou soen, déi Der elo scho gesot hutt, mä dat kënnt Der net hei zu dësen Douzièmes provisoires soen. Dat ass net den Objet vun dësem Projet de loi.

Da kéint een och nach soen: „Jo, mä et ass, well et awer opbaut op der Virlag vun deem Budget, dee mer net gestëmmt hunn.“ Neen, och hei, dann hätte mir als DP 2013 och déi Virlag net kënne stëmmen, well déi vum Här Frieden nach ausgeschafft gi war. Hei geet et einfach drëms, verstänneg a responsabel ...

(*Interruption*)

... Decisiounen ze huelen, fir datt d'Land ka weiderfonctionnéieren. An dat ass och fréier esou gewiescht.

Ech wëll dem Här Rapporteur och Merci soe fir säi Rapport, well hie rappeléiert huet, wat ech och schonn 2013, mengen ech, gemaach hat,

datt tëschent 1945 an 1969 all Joers e Budget provisoire gestëmmt ginn ass, an do huet och emmer d'Opposition dat matgestëmmt, well se eben nach mat den Debatten amgaange waren, well se net bis den 31. Dezember ofgeschloss hatten. An duerfir war da jiddweree verstänneg an huet wierklech gesinn, wat dat ass, d'Douzièmes provisoires: Et ass e reng technesch Instrument, fir ebe weider kënne ze fonctionnéieren.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Eugène Berger** (DP).- An all déi Diskussiounen, déi elo gefouert gi sinn, déi kënne mer de 25. Abrëll 2019 da féieren.

An ech mengen, ee vun de Problemer ass jo deen - an dat gehéiert awer och net hei zu deem Projet vun den Douzièmes provisoires -, Dir hutt dee jo och ugeschwat, dat ass dee vun der Prolongatioun vun dem sougenannten „Quart-taux“ op de Plus-values immobilières.

Ech mengen, dat ass eppes, eng fiskal Initiativ, e fiskalen Incentive, fir et emol esou ze nennen, dee mer 2016 agefouert haten a wou mer gesot haten, mir géifen e bis den 31. Dezember 2017 auslase loosser. Effektiv hate mer en eng kéier dunn am Kader vum Budgetgesetz weidergefuert. Mä mir haten awer gesot - dat ass hei net elo eppes, wat eng Iwwerraschung wier -, wéi mer en nach eng kéier verlängert hunn, datt en awer definitiv géif den 31. Dezember 2018 auslafen.

Ech ka mech net erënneren, datt Dir deemools e gréissere Problem domadder hat, soudatt also eng gewësse Planungssécherheet do war, wat elo net iwwerraschend ass; Dir hutt vum Bauer geschwat. Dat ass keng Iwwerraschung, datt dat elo ausleeft. Dat war also deemools schonn annoncéiert ginn, wéi mer en nach ëm ee Joer verlängert hunn. An ech mengen, duerfir kann dat och nëmme gräifen, esou Mesuren.

Wat wëlle mer mat esou enger Measure? Mir wëllen, datt d'Leit net nach soen: „D'nächst Joer oder d'iwwernächst Joer oder an zwee Joer oder an dräi Joer ass den Terrain nach méi wäert an dann hunn ech awer nach e gewësene steierlechen Avantage.“ Mir wëllen, datt d'Leit hir Terrainen, hir Immobilien op de Marché bréngen, fir datt mer méi eng grouss Offer hunn. Dat ass, wat domadder soll erreecht ginn. An duerfir loosse mer en auslafen.

Iwwregens - an da sinn ech fäerdeg, Här President -: D'CSV hat och eng kéier esou eng Measure geholl, 2003. Net ganz genau dat selwecht, mä ... 2002, pardon!

► **Une voix**.- Mat der DP!

► **M. Eugène Berger** (DP).- Jo, mat der DP! Mir stinn dozou, ebe just, well deemools och gesot ginn ass: Et ass eng provisoiresch Measure, eng kéier an duerno net méi. Déi ass och auslase gelooss ginn. Et ass och näischt Neies, wat mer hei maachen. Eigentlech hu mir eis praktesch inspiréiert un deem, wat deemools gemaach ginn ass, fir et emol esou ze soen. Et ass eng temporär Measure, déi also net dauernd ka verlängert ginn, well se soss eigentlech keen Effet méi huet.

Voilà, Här President, dat gesot, sinn ech awer enttäuscht, datt déi verstänneg Oppositionspartei hei deen technesch Projet, fir datt de Stat ka weiderfonctionnéieren, d'Paie bezuele vun de Beamten, d'Pensiounen an alles ka bezuelen, datt se dat net matstëmmt.

Mir op alle Fall, Här President, mir wäerten natierlech dëse Projet zu zwielef hei matdroen.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Berger. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ...

(*Interruption*)

... ass den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

(*Hilarité*)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat mer viru fënnf Joer als eng exceptionnel Situatioun gesinn hunn, de Fait, dass mer Douzièmes provisoires stëmme fir déi éischt véier Méint am nächste Joer, dat ass ewell eppes, wat riskéiert, hei Routine an dësem Parlament ze ginn, well mer, ausser et kënnt zu enger Verschibung vun de Wahlen, all fënnf Joer an déi dote Situatioun erakomme wäerten, dass mer opgrond vun deem Konflikt vun zwee Kalenneren, dem politesche Kalenner vun de Wahlen an dem budgetäre Kalenner, keng aner Lösung hunn, wéi am Dezember net wéi gewinnt e Budget fir dee ganzen nächsten Exercice ze stëmmen, mä nëmmen e provisoireschen, temporäre Budget ze stëmmen, deen dann herno integréiert gëtt an deen definitive Budget.

Dat ass eng ongewéinlech Situatioun. Et ass eng Situatioun, déi eigentlech net ganz gléck-

lech ass. Ech mengen, do si mer eis alleguerten driwwer eens. Ech weess awer net, wat fir eng besser Lösung et an dësem Moment gëtt. Wat fir eis wichteg ass, ass, dass ee Punkt och kloergestallt ginn ass an der Tëschenzäit, dass elo an eise Gesetzter och de System vun den Douzièmes provisoires verankert bleift. Bis elo war et jo esou, dass et reng eng Coutume parlementaire war. An an Zukunft ass et esou, dass d'Regierung souguer eng Obligatioun huet, dass se, wa se mierkt, dass e Gesetz, e Budgetgesetz net ka gestëmmt gi virum Enn vum Joer, da muss en Douzièmes-provisoires-Projet aféieren, fir dass de Stat ka weiderfonctionnéieren.

An all déi Leit, a besonnesch mengen ech hei d'CSV, déi bei de leschten Debatte viru fënnf Joer - et ass genuch zitéiert ginn - Rechtsstaatlechtsprinzipien, Prinzipie vun der Continuitéit vum Stat hei ugefouert hunn, muss sech bewosst sinn, dass se, wa se hei Nee stëmmen zu deem heiten Text, et dann eigentlech onméiglech maachen, dass ab dem 1. Januar kënne weider d'Pensiounen, weider d'Renten, weider d'Paen am öffentlichen Déngscht ausbezuelt ginn. Si maachen et onméiglech, dass eng Rei vun Aarbechte kënne ...

(*Interruption*)

... weider duerchgezu ginn. Et muss een also wëssen, wat fir eng Verantwortung een eigentlech och fir d'Land huet, wann een Nee seet zu där provisoirescher Geneemegung hei, déi ausgedeelet gëtt, fir eng Rei vun Dépense kënne fir déi nächst véier Méint ze maachen ...

(*Interruption*)

... an och eng Rei vu Steieren anzehuelen am Laf vun deenen nächste véier Méint.

Et ass fir mech wichteg, dat awer hei ze soen. Et kann een net viru fënnf Joer hei mat grouse Prinzipien operéieren, fir ze erklären, firwat een deen Text stëmmt, an haut en ännelechen Text viru sech leien hunn, an do seet een: „Aus deemselwechte Prinzip stëmme mer en net.“ Ech verstinn déi dote Logik net!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Bodry, erlaabt Der dem Här Roth, eng Fro ze stellen?

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Selbstverständlech!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Ech hunn lech gutt nogelauschtert. Mä wann dann eng Opposition géint en normale Budget stëmmt, da si mer jo an darselwechter Situatioun!

(*Interruptions diverses*)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Här President, grad den Här Roth ass jo wierklech deen, deen am schlechteste placéiert ass. Ech hunn nach weider Zitater hei aus senger Ried vu viru fënnf Joer. Viru fënnf Joer, genau an där exakter Situatioun wéi déi, wou mer haut dra sinn, huet en déi gréisste Prinzipien, déi et gi beim Stat, eropbeschwuert, fir ze soen, d'CSV géif dat Gesetz do stëmmen.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Wien huet dann de Budget viru fënnf Joer opgestallt?

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- An haut an darselwechter Situatioun seet en, d'CSV wäert Nee stëmmen. Et soll ee mir déi Logik do erklären! Ech verstinn et net!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Ech kann lech d'Logik erklären. Dee Budget provisoire viru fënnf Joer, deen ass opgestallt ginn nach vun där viregter Regierung an deen huet baséiert op de Chiffere vun dem Budget vun 2012.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Ma, deen hei ass och vun där viregter Regierung opgestallt ginn!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Deen heiten och, dat wollt ech soen!

► **Une voix**.- Ah, très bien !

(*Hilarité générale*)

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- An déi viregt Regierung vun 2013, dat war eng, wou d'CSV jo mat der LSAP dra war. Do hate mer ...

(*Brouhaha*)

► **M. Eugène Berger** (DP).- An där Logik hätte mir dann also net sollen Äre Provisoire stëmmen.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Deen heite Gesetzesprojet, dee baséiert net op engem Budget, deen an e Risendefizit eraféiert, mä dee baséiert op deem Budget, dat wësse mer zënter de Moien, dee wahrscheinlech als éischten zënter zéng Joer erëm eng kéier am Equilibre ass. Während dee Budget vun 2012 ...

(*Interruption*)

... dee vun 2013, vum lafende Joer 2013, dat ass ee mat engem Defizit gewiescht.

Duerfir mengen ech, dass een also net d'Grundlag vum Budget hei als Argument kann huelen, fir ze soen, dat wär deemools eng besser Grondlag gewiescht wéi dës kéier. Dës

Kéier ass et eng besser Grondlag, wéi déi viru fënnf Joer war.

An ech mengen och net, dass et eng gutt Argumentatioun ass, ze soen: „Wann et e Member vun der CSV ass, deen deeselwechten Text opstellt, dann ass e gutt. A wann et e Member vun enger anerer Partei ass, dann ass et e schlechten Text.“ Ech mengen, dat sinn déi Argumenter, wou ech gemengt hätt, dass déi eigentlech net méi an d'öffentlech Diskussioun géifen eragehéieren.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech wëll och net hei eng Bilanz zéien, wéi den CSV-Spriecher dat gemaach huet, iwwert d'Budgetpolitik vun deene leschte fënnf Joer. Dorëms geet et eigentlech bei deem heiten Text guer net. Déi Diskussioun do, déi kréie mer ze féieren. Ech mengen, dat gëtt eng wichteg Diskussioun, wa mer am Abrëll héchstwahrscheinlech hei diskutéieren iwwert de Budget fir dann dat gesamt Joer 2019. Do muss mer déi dote politesch Diskussioun féieren. Do muss och bis dohinner d'Regierung - a si huet net méi ganz vill Zäit, dat sinn nach gutt zwee Méint, déi hir bleiwen, fir dee Budgetprojet auszuschaffen - dann déi politesch Prioritéiten an d'Arbitragé gemaach hu fir dee Budget fir d'Joer 2019.

Ech hu mer nach eng kéier den Timing ugekuckt, wéi et 2014 war. Dat ass en immens enken Timing, dee mer hei hunn, wou ech och frou wär, dass do d'Chamber selwer och nach an hiren Aarbechte genuch Zäit hätt, fir eng uerdentlech parlamentaresch Aarbecht ze maachen op deem dote Gesetzesprojet. Den Dépôt war déi leschte kéier de 5. März 2014 gemaach ginn. De Rapport ass den 22. Abrëll ugeholl ginn. De Vott war de 24. Abrëll. D'Dispens vum zweete Vott war den 29. Abrëll. Deeselwechten Dag huet de Grand-Duc ënnerschriwwen, fir dass de Gesetzesprojet nach den 30. Abrëll am Memorial sengerzäit publizéiert konnt ginn. Dat ass en immens enken Timing.

Ech géif wierklech hei bieten, dass d'Regierung vläicht 14 Deeg do aspuere kéint an hiren Aarbechten, fir dass d'Chamber och nach awer déi néideg Zäit hätt, fir a Rou an an der néideger Seriositéit op deen doten Text ze kucken. Ech mengen, dat ass jo dann net méi en administrative Budget, mat deem mer et eigentlech bei dësem Text hei ze dinn hunn, mä e richtege politesche Budget, wou natierlech och eng breet politesch Diskussioun an den zoustänneg Kommissiounen hei an der Chamber muss kënne gefouert ginn.

Mir bleiwen der Meenung, dass et wichteg ass, eng Continuitéit hei ze assuréieren. Et ass gutt, dass déi austriedend Regierung d'Viraarbecht gelescht huet fir deen heiten Text. Si huet den Depot gemaach am November, wat elo méiglech mécht, dass dat Land an dee ganze Statsapparat an och all déi aner Instanzen, déi drunhänken, déi nächst véier Méint kënne normal fonctionnéieren.

Hei geet et net nëmmen ëm de Stat mat sengen Depensen. Hei sinn och eng ganz Rei Dépense virgesinn, déi en direkten Impakt op d'Gemengen hunn, déi en direkten Impakt hunn op d'Keese vun der Sécurité sociale. Alles hängk jo hei zesummen. Mir sinn also praktesch och hei an engem System dra vun der Gesamtstaatlecheit. An duerfir mengen ech, dass et wichteg ass, dass mer d'Grundlag leeën, dass hei am Sënn vun der Continuitéit de Lëtzebuerger Stat an all senge Facette ka weiderfonctionnéieren, ouni dass zousätzlech politesch Akzenter elo direkt géifen derbäikommen.

Et gesäit een och, dass d'Regierung Nuancé gemaach huet. Jee no Zort vun Depensen huet se en aneren Taux agesat. Si ass an der Regel bei den Ausgaben, déi se hei autoriséiert - dat si jo alles maximal Autorisatiounen -, vu ronn engem Drëttel vun den Depensen ausgaangen. Mä bei de Personaldepensen zum Beispill, do huet se e Schlüssel vun 30,7 % errechent. An et sinn och eng Rei vu méi klengen Kreditter, déi meeschtens dann och net limitéiert waren no uewen oder net un d'Exercicer gebonne sinn, wou se de Betrag eigentlech zu 100 % an deen heiten Text erageschriwwen huet.

Wichteg ass ze wëssen: Bei den Einnahmen handelt et sech ëm Schätzungen. Déi kënne selbstverständlech iwwerschrafft ginn. Wa méi Steieren erakommen déi éischt véier Méint, da kommen der méi eran. A bei de Kreditter, bei den Ausgaben, déi hei autoriséiert sinn, sinn et also Autorisatiounen, déi net onbedéngt mussen gezu ginn. Mä déi kënne dann u sech bis zu deem Maximum gezu ginn, wéi dat hei an deem Gesetzesprojet festgehalten ass.





Wat een, mengen ech, och nach muss notéieren, dat ass, dass sämtlech Avisa positiv waren. Hei ass en Text, deen eigentlech vu sämtlechen Instanze positiv aviséiert gi war. Et war keen der Meenung, dass d'Parlament dee Gesetzesprojet hei net soll stëmmen, well et wichteg ass, dass mer u sech hei verantwortlech ëmginn, wat de Fonctionnement vum Déngschtleeschungsbe-  
trieb vum Stat ugeet. An dat gëllt souwuel fir de Statsrot, dat gëllt fir d'Chambre des Salariés, d'Chambre de Commerce oder och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. Alle-  
guerte ware se der Meenung, dass deen heiten Text eigentlech sollt kënnen a Kraaft trieden ab dem 1. Januar d'nächst Joer.

Fir eis ass dat net nëmmen eng Fro vu Ver-  
trauen an d'Regierung, mä et ass och, wéi ge-  
sot, eng Fro vu Verantwortung par rapport zum Lëtzebuerger Land an zum Fonctionne-  
ment vum Stat.

Ech wëll zum Schluss nach op eng, zwou Be-  
mierkungen agoen, déi vun CSV-Säit hei gesot  
si ginn an déi sech och dann erëmspigelen an  
deenen Amendementen, déi se hei presentéie-  
ren, déi mer och eng Kéier hei deelweis am Ple-  
num, deelweis an der Kommissioun schonn  
diskutéiert hunn.

Ech mengen, fir d'Glawierdegkeet vun enger  
politescher Proposition ze ënnermauern,  
muss ee mat sengen eegenen Iddien a mat  
sengen eegenen Theesen a Konkordanz stoen.  
Et kann een net op eemol op Argumenter vun  
der Géigesäit sprangen. Et muss een, mengen  
ech, riichtstoen zu deem, wat ee selwer als  
Argument seet.

Wat ech verhalen hu bei der allgemenger De-  
batt, déi mer iwwert d'Regierungserklärung  
haten, dat war d'Meenung vun der CSV, dass  
et eigentlech dem Land net esou gutt géif  
goen, wéi d'Regierung dat duerstellt, dass  
d'Finanzlag net esou roseg wär, wéi dat vu Re-  
gierungssäit gemaach gëtt. An an där Logik -  
an hirer eegener Logik! - kënne se dann  
net, menger Usicht no, méi Dépensé propo-  
sieren!

► **Une voix.** - Ganz richtig!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dat Eenzezt, wat  
se maachen, ass eigentlech de Contraire vun  
deem, wat se selwer als Thees hei an den De-  
batten opgestallt hunn!

► **La même voix.** - Ganz richtig!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- An ech fäerten,  
wann d'CSV esou weiderfiert, da gëtt se dron-  
ken. Wa se sech andauernd dréint nom Wand,  
op alles spréngt vun Iddien, wat an der Loft  
läit, da gëtt se immens dronken! Esou oft muss  
se sech nach dréinen a verdiebelen, fir erëm  
eng Kéier op hir eege Féiss ze falen!

D'CSV ass amgaangen hei, mat hiren eegene  
Virschléi de Contraire vun deem ze maachen,  
wat se als Haaptkritik un dem Regierungspro-  
gramm a finanzieller Hisiicht gesot hunn.

Si maachen dat och drolegerweis an zwou  
Punkten, déi net Bestanddeel vun hirem ee-  
gene Wahlprogramm waren! Ech hunn - oder  
si soe mer elo, wou dat géif stoen - an hirem  
Wahlprogramm keng Zeil fonnt, dass se der  
Meenung wäeren, dass d'Kannergeld erëm misst  
direkt indexéiert ginn.

(**Interruption**)

Ech hunn an hirem Wahlprogramm och net  
fonnt, dass si der Meenung wäeren, dass dee  
Quart-taux temporaire, déi temporär Mooss-  
nam, misst verlängert ginn, wat d'Veräusse-  
rung vun den Immobilien ugeet.

(**Interruption**)

Komescherweis, dat Éischt: Si maachen also hei  
Virschléi, déi de Contraire si vun hirer Haaptkri-  
tik, déi se um Regierungsprogramm ubruecht  
hunn. An zweetens komme se mat Virschléi,  
déi net op hirer eegener Mëscht gewuess sinn,  
well se guer net an hirem eegene Plang fir Lët-  
zebuerg dra waren!

(**Interruption**)

Dat ass fir mech onkonsequent. An dat léisst  
mech Béises ane fir d'Weidergoe vun den De-  
batten hei!

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Den Tram  
ass dach och net ganz an der Regierungs-  
erklärung dran!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci Här  
Bodry. Déi nächst ageschriwwen Riednerin ass  
d'Madamm Lorsché. Madamm Lorsché, Dir  
hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Villmools  
Merci, Här President. Dat do kann ech natier-  
lech elo net iwwertreffen.

(**Hilarité**)

Ech gi mer awer Méi.

► **Une voix.** - Keen heibannen!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Probéiert emoll!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannech-  
gelift!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dat do  
war ganz gutt. Dir Dammen an Dir Hären, ...

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Et kënnt  
soss näischt méi.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ... natier-  
lech ass et och fir eis Gréng evident, dass eist  
Land e Budget brauch, fir ze fonctionnéieren -  
d'Douzièmes provisoires -, onofhängeg dovun,  
wéi déi politesch Prioritéite vun der neier Re-  
gierung wäerten ausgesinn, an déi wäerte jo  
och an Zukunft nach diskutéiert ginn, wa mer  
iwwert deen definitive Budget wäerte schwät-  
zen. An da wäerte mer jo och iwwert de Finan-  
zement vun deene Mesuré schwätzen.

Et ass scho vill gesot ginn. Zur Debatt steet,  
datt déi vill Leit, déi beim Stat schaffen, och an  
der Iwwergangszäit vun där enger zu där ane-  
rer Regierung musse fir hir Aarbecht bezuelt  
ginn an et mussen och Pensiounen bezuelt ginn.  
D'Sozialleeschunge mussen ofgeséichert blei-  
wen an d'Chantiere musse virugoen. Dofir  
brauch een nun emol Geld.

Parallèll dozou muss de Stat och kënnen  
d'Steieren anzéien, geschëllte Rechnunge  
bezuelen, Subsiden a Subventiounen ausbezue-  
len. Aus all deenen Ursaache brauche mir Geld,  
wéi gesot, net just bis den 31. Dezember 2018,  
mä doriwwer eraus, an zwar bis zum Vott vum  
definitive Budget, dee jo den 30. Abrëll spéits-  
tens gestëmmt muss ginn a wou dann och déi  
politesch Prioritéite wäerten draus erausgoen.

Léif Kolleginnen a Kollegen, dat Wichtegst ...

(**Interruption**)

... hu meng Virriedner scho gesot, och de  
Rapporteur, wou ech awer nach wéilt e puer  
Remarque bäifügen. Grad wéi den Alex Bodry  
an, ech denken, och den Eugène Berger hunn  
ech d'Riede vun 2013 nogelies, ...

► **Une voix.** - Très bien !

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ... wou  
mer schonn an enger äänlecher Situatioun  
ware wéi haut. Den Ennerscheid ass allerdéngs  
deen, dass d'CSV de Budget haut net stëmmt.  
Den Alex Bodry huet et schéin a lieweg er-  
kläert.

Deemools huet d'CSV dës Douzièmes provi-  
soires gestëmmt mam Argument vum Här  
Gilles Roth, dee virdrun hei stoung, dass se  
keng bëlleeg Oppositionspolitik wëllt maachen -  
d'CSV -, dass mir an engem moderne Rechts-  
stat liewen, dee muss funktionéieren, dass mir  
Kontinuitéit an eise Land brauchen an dass  
d'CSV de gudder Fonctionnement vum Stat  
wëllt garantéieren, well dat eng Partei ass, déi  
Verantwortung wëllt droen. Amendementer  
sinn deemools keng komm.

Haut stëmmt et eis awer dach bedenklech, Dir  
Dammen an Dir Hären, dass d'CSV vum gudder  
Wee ofkomm ass an de gudder Fonctionnement  
vum Stat net méi wëllt garantéieren doduerch,  
datt se sech bei dësem Vott enthält.

Mir wäer wierklech frou gewiescht, wa mer zu-  
mindest an dëser Fro ...

► **Une voix.** - Dergéint.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ... un  
engem ...

Dergéint stëmmt? Ech hat geduecht enthalen.  
Ah, Dir stëmmt carrement dergéint?

► **Une voix.** - Carrement!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dir hutt  
gesot, Dir stëmmt en net.

(**Brouhaha**)

Enthalen oder dergéint? Dat heescht ...

(**Brouhaha**)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannech-  
gelift!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Ech hunn  
et esou verstanen, wéi wann Der lech géift ent-  
halen, mä ...

► **Une voix.** - Neen.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ... et ka  
jo och sinn, dass Der dergéint stëmmt.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannech-  
gelift!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dat  
mécht der Kaz kee Bockel.

(**Interruption**)

Mir wäer frou gewiescht op alle Fall, wa mer an  
dëser Fro un engem Strang gezunn hätten, fir  
ze weisen, dass d'Land eis wichteg ass an dass  
déi Leit, déi schaffen, weiderhi mussen eng Pai  
kréien. Wéi gesot, et ass just en Iwwergangs-  
budget a kee politesche Budget. An déi poli-  
tesch Beräicher wäerten am Fréijoer diskutéiert  
ginn.

Am Numm vun der grénger Fraktioun wéilt ech  
dann awer och dem Kolleeg André Bauler vill-  
mools Merci soe fir d'Aarbecht, déi en an  
dësem Dossier geleescht huet, souwuel fir säi  
schréffleche wéi och fir säi mëndleche Rapport;  
wéi gesot, ganz pädagogesch. Am Fréijoer  
wäerte mer hie jo da wahrscheinlech hei op  
dëser Plaz erëmgesinn, wann et ëm dee méi  
spannende politeschen Deel vum definitive  
Budget wäert goen, wou et dann och zu enger  
ganzer Rei vu Verbesserunge wäert kommen,  
déi dem Land zeguttkommen.

Wat de Budget vun den Douzièmes provisoires  
betrëfft, esou ass e jo just aus enger techné-  
scher respektiv enger zäitlecher Noutwendeg-  
keet entstanen, ouni an dëser Etapp nei poli-  
tesch Akzenter ze setzen.

Eng Moosssnam, déi allerdéngs mam Budget  
ofleef, ass déi vum Quart-taux.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Madamm  
Lorsché, erlaabt Der, dass den Här Roth lech  
eng Fro stellt?

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Wann et  
muss sinn!

(**Hilarité**)

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Ech entschëllege  
mech awer net dofir, Madamm.

Mä wann Der esou vill iwwert d'CSV schwätzt,  
dann hätt ech awer gären, dass Dir als Frak-  
tionspräsidentin vun der grénger Partei, déi jo  
grouss Verantwortung dréit, dass Der eis oder  
dem Land op zwou Froen eng kloer Äntwert  
gitt:

Gëtt ënner enger grénger Wunnungsbauminis-  
terin, der Madamm Tanson, de Quart du taux  
global nach an dëser Legislaturperiod erëm  
eng Kéier agefouert? A wann, wéini?

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Eng Fro  
no där anerer.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- An déi zweet Fro ass  
déi: Et ass vill iwwert den Tanktourismus rieds  
gaangen.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Jo.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Gëtt ënnert der Lee-  
dung vun de grénge Leit an dem Infrastruktur-  
minister, Transportministère, den Cent op dem  
Diesel oder méi Cent nach agefouert? A wa jo,  
wéini?

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Um Die-  
sel oder um Bensinn am Allgemengen? Um  
Bensinn?

(**Brouhaha**)

Jo, wéi gesot, ech sinn elo net hei, fir am  
Numm vun der Madamm Minister ze schwät-  
zen. Ech kann awer trotzdeem eppes iwwert de  
Quart-taux soen. D'Madamm Tanson huet de  
Moien um Radio gesot, dass ee misst driwwer  
nodenken, ob en erëm agefouert gëtt.

(**Brouhaha**)

► **Une voix.** - Ech duecht, e géif ofgeschaaft.  
Komesch!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Natier-  
lech huet si och gesot, dass méi cibléiert muss  
gekuckt ginn: Wéini a wéi, zu wéi enge Kondi-  
tiounen? An et ass do, wou een eng Kéier muss  
driwwer diskutéieren, firwat dës Moosssnam net  
gegraff huet. Do muss nogebessert ginn.

A wann déi Moosssnam méi cibléiert agesat  
gëtt, beispillsweis bei Baulücken a fir keng aner  
Venten, da muss een natierlech net ausschléi-  
sen, dass dat ass. Mä bei dëser Moosssnam war  
dat net de Fall. Déi Moosssnam ass mat der  
Strenz verdeelt ginn, an dat war eise Problem.  
An ech wäert och nach dorop zrëckkommen.

Zu Ärer anerer Fro kann ech just soen: Jo, den  
Här Turmes huet och eng Kéier an engem In-  
terview gesot, dass do eng gewëssen Hausse  
wäert kommen. Wann ech mech net iren, hat e  
gesot, dass et ëm bis zu dräi, véier Cent an  
enger éischter Etapp wäert eropgoen, mä ech  
sinn och net den Här Turmes, soudatt ech awer  
elo net wëll weider am Numm vun eise Minis-  
tere schwätzen, ...

(**Interruption**)

... mä a mengem eegenen Numm, wann dat  
dann erlaabt ass.

Gutt! Ech kommen dann zum Quart du taux  
global, dee jo da bei lech kritiséiert ginn ass,  
net well e besteet, mä well en ofleef. Dobäi  
muss ee wierklech wëssen, dass dës Moosssnam  
jo agefouert ginn ass op e gewëssenen Delai. E  
war zäitlech begrenzt, deen Taux: vum Zäit-

raum 1. Juli 2016 bis den 31. Dezember 2018,  
sou steet op alle Fall um Site vun der Steierver-  
waltung ze liesen.

E war geduecht, fir d'Biens immobiliers « bâti  
ou non bâti », wéi et do offiziell heescht, kuerz-  
fristeg duerch hire Verkaf zu Wunnzwecker ze  
mobiliséieren haaptsächlech, dëst duerch déi  
Steierreduktioun op der Plus-value vun der  
Vente, am Fall wou d'Vente an engem Intervall  
vu méi wéi zwee Joer nom Kaf erfollegt.

Datt dës Moosssnam net verlängert gëtt, mä  
wéi geplangt ausleef, ass fir eis ganz logesch  
an normal zu dësem Moment, eben, wéi gesot,  
well se net cibléiert war. Firwat? Well steierlech  
Virdeeler wéi dësen zäitlech limitéiert musse  
ginn, wa se ebe grad an engem gewëssenen  
Zäitraum solle gräifen. En Dauerzoustand be-  
wierkt dat net. Wa se permanent géif bestoe  
bleiwen, da wär dat e Virdeel fir d'Verkeefer,  
mä keng Motivatioun, fir eng Immobilie kuerz-  
fristeg op de Maart ze bréngen; also grad dat,  
wat gewollt ginn ass.

Virun allem ass et awer wichteg, Dir Dammen  
an Dir Hären, dass dës Moosssnam ofleef, well  
se an der Praxis eben net zum erwaarte Resul-  
tat gefouert huet, géife mer emol mengen. Mir  
hu keng Resultater gesinn, déi dat bewisen  
hunn.

An d'Vermutung läit och no, dass de redu-  
zéierte Steiertaux an der Praxis souguer zu  
engem Effet pervers gefouert huet. D'Promo-  
teure konnten näamlech vum niddregen Taux  
profitéieren, fir hir Immobilien ënnerenee wei-  
derzeverkafen, ouni vill Steieren ze bezuelen op  
der Plus-value. Dat heescht, si hunn hir Immo-  
bilien net zu Wunnzwecker u Privatleut verkaaft,  
mä un aner Promoteuren. Dëst natierlech zu  
méi engem héije Präis wéi deem, dee se selwer  
bezuelt haten.

Datt esou eng Praxis d'Präisser um Immobilie-  
maart lues awer sécher eropschrauft, ech  
mengen, dass versteet jiddwereen. A si bewierkt  
grad dat, wat mir an eise Land musse ver-  
hënneren - Dir kënnt elo en A zoudrécken -, et  
bewierkt, dass d'Präisspiral um Wunnngsmaart  
weiderhin no uewe geet.

An deem Kontext musse mir och derfir suer-  
gen, Dir Dammen an Dir Hären, dass de Stat  
genuch Steieren an d'Kees kritt, wann d'Pro-  
moteure sech massiv Immobilien ukafen. Dat  
war hei net de Fall. Bei der Moosssnam vum  
Quart du taux global war déi Konditioun ganz  
einfach kloer net erfüllt.

Aus deem Grond fanne mer et awer dach para-  
dox, wann ee gesäit, zu wat déi Moosssnam ge-  
fouert huet, dass d'CSV sech derfir asetzt, dass  
de Quart du taux global weider bestoe bleift,  
wa se op där anerer Säit awer mengt, d'Immo-  
biliepräisser missten erofgesat ginn an de  
Wunnraum misst mobiliséiert ginn.

Prinzipiell si mir als Gréng zesumme mat der  
Regierung jiddefalls der Meenung, dass nei  
Moosssnamen zum Asaz musse kommen an  
datt Moosssnamen, déi bis elo gegraff hunn an  
effikass sinn, mussen adaptéiert oder verstärkt  
ginn. Dat si Moosssnamen, déi Immobilien zum  
Allgemengwuel mobiliséieren an d'Präisspiral  
ofbremsen. Esou zum Beispill - ech nennen der  
e puer -:

- d'Neiausrüchtung vum Pacte Logement mam  
Fokus op Locationswunnengen an op eng  
verstärkt Verantwortung vun den éffentlechen  
Instanze wéi Stat a Gemengen;

- mir mengen och d'Verstärkung vum Virkafs-  
recht vum Stat a vun de Gemengen zu kloer  
definéierte Präisser, déi net permanent an  
d'Luucht ginn, déi mussen u Konditiounen ge-  
bonne ginn;

- verbonnen awer och - an dat wëll ech betou-  
nen - mat enger besserer Kommunikatioun vun  
der scho bestoender Moosssnam, dass keng  
Steieren op der Plus-value erfalen, wann déi  
éffentlech Hand eng Immobilie zu Wunn-  
zwecker keeft;

- och d'Aféierung vun enger Tax op der Valeur  
ajoutée vun engem Terrain, deen zu Bebau-  
ungszwecker klasséiert ginn ass, mä zu Speku-  
latiounszwecker net bebaut gëtt, ass eng sänn-  
voll Moosssnam, fir d'Präisser no ënnen ze  
kréien, Stéchwuert: Baulandverträge a Wäert-  
schöpfungssteuer.

Ënnert dem Strich gëtt et jiddefalls eng ganz  
Rei Alternativen zum Quart du taux global. An  
déi Mesuré sinn alleguer am Koalitiounsaccord  
festgehalten. An ech denken, dass d'Madamm  
Minister Tanson nach ëfters wäert dovu  
schwätzen an déi Moosssnamen dann och  
wäert ëmsetzen.

Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend wéilt  
ech awer och nach begrëssen, dass mëttlerweil  
eng legal Basis fir d'Douzièmes provisoires vir-  
läit. Dat ass d'Gesetz vum 12. Juni 2014. Och  
dat huet déi viregt Regierung ugepaakt.

Mir musse jo schliisslech dovun ausgoen, dass  
mer an Zukunft all fënnef Joer, dat heescht no





de Wahlen, an déiselwecht Situatioun wäerte gerode wéi déi, an där mer haut sinn. Do-wéinst ass et positiv, datt d'Dräierkoalitioun kloer Regele fir d'Opstellung vum Iwwergangsbudget, oder „Provisorium“ genannt, ausgeschafft huet. Wéi gesot, et geet hei net ëm grouss Politik.

An dat gesot, ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Merci villmools, Madamm Lorsché. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleezinnen a Kollegeen, ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kolleg André Bauler Merci soen, deen eis net nëmmen d'Iddi vum Douzième provisoire erkläert huet, mä och praktesch eng Geschicht iwwert d'Grenzen eraus dokumentéiert huet, wéi déi Prinzipien och an anere Länner gemaach ginn.

Ech mengen, viru fënnef Joer war et Neiland, wat mer hei betruecht hunn. A mir hunn och deemools gesot: „Vun elo un, wa mer net erëm iergendwéi eng Kéier eng Regierungskris kréien, da kéint dat doten eng Situatioun ginn, déi mer all Joers erëmbegéinen.“ An de Kolleg Bodry huet och d'lescht Joer a senger Interventioun heirop opmierksam gemaach, datt et gutt wier, wa mer eis géifen eng gesetzlech Basis schafen, wat jo och an dëser Legislatur-period geschitt ass.

Ech mengen, d'Diskussioun ass elo hei gefouert ginn déi ganzen Zäit, ob een do sollt stëmmen oder net matstëmmen. Ech mengen, viru fënnef Joer hate mer eng aner Situatioun. Mir haten e Regierungswissel. A wann een da gekuckt huet, wéi heibannen ofgestëmmt ginn ass, da war d'CSV jo an enger Situatioun, wou déi véier Zweieftel, déi du gestëmmt si gi fir déi véier Méint vun der neier Regierung, op engem Budget baséiert hunn, dee vun der CSV presentéiert ginn ass, wat am Fong hire Budget war. An et wier am Fong gelunge gewiescht, wa se dann dergéint gestëmmt hätt, well dann hätt se jo zu véier Zweieftel géint hiren eegene Budget gestëmmt.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Sidd Dir CSV-Spriecher?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Neen. Här Bodry, ech wollt bei der CSV ...

(**Interruption par M. Eugène Berger**)

Här Berger, ech kommen och nach bei lech. Leet Äre Kapp a Rou!

► **M. Eugène Berger (DP).**- An där Logik hätte mir also da missen dergéint stëmmen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Aneschters war et, ...

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Wannech-gelift!

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Den Här Gibéryen kompenséiert ...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ... Här President, fir ons Kollege vun der DP a vun deene Grénge: Déi haten näamlech géint de Budget gestëmmt a sinn dunn awer an eng Regierung komm. Am opgrond vun där Regierung hu se misse kucken, datt se e Budget kréien. A si hunn dann du missen deene véier Zweieftel zoustëmme vun engem Budget, dee se am Fong virdru kritiséiert hunn an ofgeleent hunn. Si waren am Fong just an enger anerer Situatioun wéi d'CSV et war.

Fir d'Sozialiste war et méi einfach. Déi waren an där virdrun, déi hunn en do gestëmmt a si hunn ... Mä ech mengen, just fir ze erklären, wéi d'Situatioun viru fënnef Joer war.

Mir waren deemools an der Oppositioun virdrun. Du war et fir eis méi einfach, fir dergéint ze stëmmen. A vu datt mir eng Partei sinn, déi hiren Traditionen trei bleift, ...

(**Brouhaha**)

... wäerte mer och dës Kéier da mat ...

(**Interruption**)

... och dës Kéier ... Här Bodry, Dir hat ...

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dat war net den Här Bodry.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här Di Bartolomeo, ech si frou, lech erëm hei ënnen erënzegesinn, ...

(**Hilarité**)

... an lech elo emol erëm vun der natierlecher Säit kennenzeléieren.

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV).**- Hei enne bei de Leit.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dat dierft nach lëschtg ginn an den nächste Méint a Joren. An

ech hoffen, datt dëse President - Här President - dann net esou streng ass mat dem Här Di Bartolomeo, wéi hien et zäitweilg mat eis heibanne war.

(**Hilarité**)

Dat ass näamlech ... Dat hëlleft, d'Debatten heibannen ze beliewen.

Op jidde Fall: Mir sinn eiser Tradition trei bliwwen. An ech mengen, ech si jo net nëmmen den Déngscheelsten heibannen, mä ech sinn och vläicht ee vun deenen, dat kann een och emol eng Kéier hei soen, deen an deem Sënn vläicht an d'Geschicht vum Parlament ageet, well ech hunn onënnerbrach a mat voller Iwwerzeegung 30 Joer géint e Budget gestëmmt.

(**Hilarité**)

A wann ech déi zwee Douzième-provisoires-Budgeten nach derbäihuelen, da sinn ech schonn op 32. Ech mengen, do muss emol ee kommen, dee mer dat kann nomaachen!

(**Hilarité et interruption**)

Op jidde Fall, Här President, duerfir hu mir och haut kee Problem, fir hei dergéint ze stëmmen, well mer jo och géint deen Zwielef-Zwieleftel-Budget d'lescht Joer gestëmmt hunn.

Ech mengen, dat hei gëtt elo eng Tradition, deen Exercice hei, wat mer dann elo all fënnef Joer eng Kéier duerchmaachen, wou jiddweren, déi eng an déi aner Säit, wäert higoen a seng al Rieden eraushuelen a se e bëssen aktualiséieren an erëm hei virbréngen.

(**Interruption par M. Mars Di Bartolomeo**)

Ech mengen, den Här Berger ...

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Här Di Bartolomeo, wannechgelift!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, géift Der wannechgelift dem Här Di Bartolomeo soen, e soll elo ophale mat deenen Zwëscheriff?

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Mir mussen zur gewinnter Souveränitéit zrëckkommen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Jo!

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Wannech-gelift!

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

(**Brouhaha**)

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Elo geet et un!

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Wannech-gelift!

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Dir hutt ugefaangen!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Neen, neen!

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Dir hutt ugefaangen!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här Pesident, ech hat sécherlech net hei um Riednerpult den Här Di Bartolomeo ënnerbrach!

► **Une voix.**- Neen!

(**Hilarité**)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ben voilà! Also, wa mer schwätze vun ufänken, da läit et momentan net bei mir. Mä ech hunn awer kee Problem domadder. De Kolleg Di Bartolomeo an ech, ...

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Här Gibéryen ...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ... mir wäerten eis an deenen nächste Joren hei nach déi eng an déi aner flott Ausenanersetzung leeschten!

(**Interruption**)

Här President, den Här Berger, deen ass och d'lescht Joer, wéi dëst Joer och erëm, heihinnerkomm an huet gesot, wa mir dergéint wieren, datt da keng Paie bezuelt ginn, keng Pensioune bezuelt ginn ... Här Berger, Dir hätt kennen alles opzielen: d'Kannergeld, de Chômage, et wier keng Heizung méi gelaf, et wiere keng Stroosse méi gebaut ginn, et géif keen Elektresch bezuelt ginn. Also, d'Land wier stoe bliwwen. Den 31. Dezember, Sylvester, wieren d'Luuchten ausgaangen hei am Land an dann hätt näischt méi fonctionnéiert.

Mä ech wëll lech awer soen: Dat kann een dann awer bei all Budgetsvott maachen! A virdru war d'DP, mengen ech ... Wann ech mech gutt kann erënneren, Här Berger: Zéng Joer waart Dir an der Oppositioun! An Dir hutt zéng Joer mat mir zesummen hei géint dee Budget gestëmmt! Hätten d'Leit dann do zéng Joer keng Pai därfe kréien, zéng Joer keng Pensiounen därfe kréien, kee Chômage? Haalt dach op mat deenen Dommheeten do!

(**Brouhaha général**)

Ech mengen, et ass dach lächerlech!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, et ass genau dat! Dat hei ass kee Budget!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et ass dach lächerlech, wat Dir hei opféiert!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Dat hei ass kee Budget!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Wann ee géif hei dergéint stëmmen, da wier een dergéint datt d'Leit hir Paie krite! Ma Här Berger, ma mir selwer krite keng, wann dat esou wier!

(**Hilarité**)

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Här Gibéryen, erlaabt Der ...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Also, et ass bestëmmt keen heibannen, deen dat géif wëllen! Also, loosst mer elo e bëssen ...

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Här Gibéryen, erlaabt Der, datt den Här Berger lech eng Fro stellt?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Wann den Här Berger mir wëllt eng Fro stellen, ëmmer, Här President!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, Merci. Et ass jo genau dat de Punkt. Hei hu mer keng ...

(**Hilarité**)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dir hutt et elo op de Punkt bruecht.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Hei si mer net bei enger normaler Diskussioun vun engem Budget. Hei ass et eigentlech en technesch Instrument, fir weiderzefueren. Ech hat virdru gesot: Tëschent 1945 an 1969 ass dat all Joers gemaach ginn. Dir waart deemools vläicht net derbäi, an hätt dann och vläicht dergéint gestëmmt, mä an där Zäit ...

(**Interruption**)

Dir hat et zwar elo 33 Joer, hutt Der gesot, mä esou laang geet et dann also net zrëck.

Mä an där Zäit ware vläicht d'Deputéiert da méi verstänneg, well se gesinn hunn, datt dat einfach en Instrument war, ...

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Eugène Berger (DP).**- ... well se an deenen normale Budgetsdebatte waren, fir kënne weiderzefueren. An hei ass et net méi an net manner! Dir schwätzt hei och ... Dir haalt och eng Budgetsried an net eng Ried zu den Douzièmes provisoires!

► **Mme Simone Beissel (DP).**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Sou, d'Wuert huet elo erëm den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Den Här Berger huet et op de Punkt bruecht, wéi e seng Ried ugefaangen huet. Hien huet ganz kloer gesot: „Hei stëmme mir, datt d'Regierung ka véier Méint dee Budget vum leschte Joer d'selwecht weiderféieren, an net méi an net manner.“

Also gëtt déi Politik, dee Budget vum leschte Joer ... Also, een, deen d'lescht Joer géint dee Budget gestëmmt huet, do ass et fir mech normal, datt deen och elo hei géint déi véier Zweieftel stëmmt. An do kënt Der esou vill zielen, wéi Der wëllt! Ech mengen, haalt op domadder, well soss krit Der op eemol - wa mer lech géife follegen a mir krite eng Majoritéit heibannen - da krit Der keng Pai den 1. Januar ausbezuelt! An dat wëllt kee vun eis alleguer. Duerfir: Kommt, mir halen op domadder! Dat ass nun emol eben esou an dat wäert och esou an Zukunft bleiwen.

A wann et eng Kéier gewiesselt gëtt, Här Berger, datt Dir erëm an d'Oppositioun géift kommen a mir géifen erëm mat deenen Douzième-provisoiren ufänken, gleeft mer et, esou sécher, wéi ech hei stinn, da géift Dir dann eng Ried op dës Säit siche kommen an Dir géift se op där dote Säit halen, well esou wäert et da goen. An och ëmgedrëint: Déi eng géife bei déi aner eng siche goen, déi géifen dann Är Ried halen. Dat ass nun eemol an der Politik esou!

(**Interruption**)

An duerfir: Loosse mer keen hei soen, déi Leit, déi wieren net seriö!

(**Brouhaha**)

(**Coups de cloche de la présidence**)

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV).**- Dir sidd de Riedner viraus! Dir sidd de Wieler viraus!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- D'Spillregelen: An der Politik hunn déi eng d'Majoritéit an déi aner hunn d'Oppositioun.

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Hei, wannechgelift!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, ech muss awer elo zum Schluss vu menger Rie-

dezäit kommen, well ech och de Kollegeen nach wëll Zäit loosson. Ech wëll nach just eppes hei soen, wat de Moien an der Finanzkommissioun diskutéiert ginn ass, wéi mer d'Annexe kruten an d'Dokument kruten, wat de Formateur krut, wéi d'Koalitionsverhandlung gefouert si ginn.

Ech mengen, Här President, den Här Finanzminister huet vläicht mat Recht gesot, et wier vläicht net schlecht, datt een déi Dokumenter, déi mer krite, net sollt ëffentlech maachen. An ech mengen, et huet och e gewëssene Konsens an der Kommissioun bestanen. Mä ech muss awer dann, Här President, dem Här Finanzminister soen: Wann een an der Finanzkommissioun seet: „Kommt, mir halen dat awer eenegermoosse secret, fir dobaussen, net nëmmen national, mä vläicht och international, keng Panik ze entwëckelen!“, an ech liesen dann haut um Site vun RTL, datt de Finanzminister seet: „Kommt, mir hale gären déi Annexe geheim, fir datt mer de Leit keng Angscht maachen!“

Also, méi kloer kann een awer wierklech net Panik ausléisen, wéi wann de Finanzminister seet: „Mir hale se geheim, fir de Leit keng Panik ze maachen!“ Also, wann ee mat engem Saz wëllt Panik maachen, da war dat doten dee richtege Saz! An da brauch een d'Dokument net méi public ze maachen.

Dat gesot, Här President, wäerte mir mat Iwwerzeegung géint dëse Projet stëmmen!

► **M. Fernand Etgen, *Président.***- Merci villmools, Här Gibéryen. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*).**- Merci, Här President. Ech wäert mech e bësse méi kuerzfaassen.

Mir als Lénk waren och schonn eng Kéier mat esou enger Situatioun konfrontéiert, 2013. Dat war och schonn déi deemoleg Regierung mat den Douzièmes provisionnels. Mä op jidde Fall war et ni eng Regierung, an där mir souzen. Mir haten eis deemools och enthalten. De Justin Turpel hat dat och begrënt. A mir wäerten eis dës Kéier och nees eng Kéier enthalten, well mer souwisou d'Politique générale vum viregte Budget natierlech net ënnerstëtzt hunn.

Et kann een déi ganz Diskussioun awer net do-robber reduzéieren, datt et reng technesch wier. An ech mengen, datt och mäi Virriedner et awer relativ gutt gewisen huet. Trotzdem kéint een déi ganz Argumentatioun och op engem normale Budget applizéieren. An da géif ee bal schonn als Oppositiionsdeputéierten ënner Drock gesat ginn: Wann een e Budget net géif unhuelen, da géif Lëtzebuerg ënnergoen. Ech mengen, esou kann een net virgoen! Trotzdem wëlle mer och net dergéint stëmmen.

Et ass esou eng onpolitesch Fro, datt mer schonn iwwer eng Stonn elo hei diskutéieren a polemiséieren. Ënner anerem koom et awer och zu enger politescher Diskussioun iwwert d'Weiderféieren oder net vum Quart du taux global, deen zwar am Prinzip souwisou ofleeft, mä deen och hätt kënne weiderlaffe gelooss ginn. Esou onpolitesch ass déi ganz Geschicht net.

Wat mech awer och géif interesséieren, wa mer schonn dobäi sinn, dat ass, ob een iwwerhaapt, well et gouf vill elo iwwert d'Vertuen oder d'Netvertue vun deem Quart-taux diskutéiert, ob een iwwerhaapt e Relevé kéint kréien oder e Bilan kéint kréie vun deem, wat déi fënnef Joer oder déi véier Joer Reduktioun vum Taux global bei de Plus-valuë bruecht hunn, am Sënn: wivill Leit e méi einfachen Accès haten un abordable Logement.

Et géif mech interesséieren, wat dat alles bruecht huet. An ech gi jo dovunner aus, étant donné, datt et gemaach ginn ass - a wann eng Regierung esou eppes mécht, da ka se och Saache quantifizéieren herno -, datt een dorausser e Schluss kéint zéien. Ech wier frou, wa mer eng Kéier kéinten doriwwer diskutéieren.

An deem Sënn och, wat déi Amendementer vun der CSV ugeet, do hutt Der scho verstanen, datt mer deen Amendement do net wäerte matdroen. Deen aneren Amendement wäerte mer matdroen, deen ass eis sympathesch. Dat entsprécht och deem, wat mir och ëmmer soen, och während Wahlkämpf. Dee wäerte mer adoptéieren, also d'Indexéierung vun de Sozialleschtungen. Mir sinn och der Meinung, datt een net muss waarden. De Marc Baum hat dat déi leschte Kéier souwisou och scho gesot.

Ech stelle mer just d'Fro, ob een den Amendement 1 net als Lescht misst votéiere respektiv





net votéieren, étant donné, datt et den Intitulé ass. An deemno, wat fir en Amendement géif ugeholl ginn, da wäert den Intitulé jo anescht erscheenen. Bon, dat ass méi eng technesch Fro, mä déi awer vläicht net grad onwichtig ass.

Voilà! Soss, wéi gesot, mir wäerten eis enthalten.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Wagner. Leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Jo, Merci, Här President. Ech mengen, et ass ganz kloer, datt d'Piraten beim Opstelle vun deem Budget, deem elo hei fortgefouert gëtt, nach net an der Chamber waren.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Deement-sprechend wäerte mer och net kënnen iwwert d'politesch Meritten oder ebe Verfeelunge vun deem Budget jugéieren, well dat eben d'Plaz hei wär, fir dat ze maachen. Deementsprechend wäerte mer eis beim Vott vun den Douzième-provisoiré logescherweis enthalten. Ech wäert och elo keng Brandried hale géint d'Douzième-provisoiren. Ech mengen, datt et ganz kloer ass, datt jiddwereen heibannen e sougenannten „shutdown“ vun der Regierung awer verhénnere wëllt. Dat huet ganz weineg mat de Paien oder Traitement vun den Deputéierten oder Ministeren ze dinn, éischter domadder, datt eist Land funktionnéiere muss.

Mä et leien och nach dräi (veuillez lire : véier) Amendementer vir. An do schléissen ech mech dem Kollege David Wagner un, fir eben och ze soen: Et misst ee vläicht d'Reiefolg vum Vott vun deenen Amendementer iwwerdenken, jee nodeem, ob dann eppes ugeholl gëtt. An et wär jo awer e gutt Zeechen hei, an dofir wäerten d'Piraten dat och matdroen, zumindest d'Amendement vun der Indexéierung vun den Allocations familiales matzedroen.

Insgesamt wäerte mir awer fir déi Amendementer mat Jo stëmmen an eis beim Budget, also bei der Fortféierung vum Budget per Douzièmes provisoires enthalten.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert. Här Finanzminister Pierre Gramegna, wannechgift.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances***.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Adoptioun vun engem Projet de loi, deem d'Douzièmes provisoires fir d'nächst Joer aféiert, ass en technesch Evenement. Dat huet ganz weineg mat Politik ze dinn. Wat mer hei wëlle maachen, dat ass en Transitionsbudget fir Lëtzebuerg séchere fir déi véier éischt Méint vum nächste Joer.

Mir haten datselwecht viru fënnef Joer. D'Ausgangssituatioun ass effektiv lichter anescht. Mä ech wëll hei guer net an d'Polemiken eragoen. Dat heiten ass net déi Plaz, wou een d'Prioritéite vum Budget sollt diskutéieren. Ech komme ganz zum Schluss nach drop zrëck. Dat, wat mer hei wëllen assuréieren, dat ass, dass de Stat ka weiderfunktionnéieren. De Stat ka funktionnéieren, andeem mer Recettë kënnen eranhuelen. Doriwwer ass net vill geschwat ginn. Mä ech kann lech soen als Finanzminister, dass dat ganz wichteg ass, dass mer Suen erakréien, fir dass de Stat ka weiderfunktionnéieren op där enger Säit, an dass en Depensé kann tätegen.

Déi, déi awer elo dat wëllen erofspillen a soen, de toute façon géif dat goen, jo, déi ignoréieren d'Constitutioun. Wéi de Berichterstatter eis ganz richtig erkläert huet, steet an der Constitutioun dran, dass de Budget annuell muss gestëmmt ginn. Wa mir also hei näischt géife stëmmen, da kann net een Euro ausgi ginn an et kënn keng Recetten erakommen. Dofir ass et eng seriö Diskussioun, eng vun der Responsabilitéit a vun der Kontinuitéit.

Nun ass et esou, dass viru fënnef Joer gesot gi war, dass mer sollte kucken, déi Prozedur vun den Douzièmes provisoires, also dee provisoiresche Budget, am Gesetz ze verankeren. Dat ass 2014 geschitt. Et ass och gemaach ginn, well Europa dat recommandéiert huet. Firwat huet Europa dat recommandéiert? Jo, well sech déi Problematik heiansdo stellt, soudass een dofir muss Léisunge fannen.

Dat Drëtt, wat wichteg ass, dat ass, dass hei d'Depensé weidergefouert ginn à politique inchangée. Justement, et gi keng nei Prioritéiten hei gesat. Et gëtt sech baséiert op déi Kreditter, déi 2018 op all Artikel scho festgeschriwwen waren. An déi gi fortgefouert.

Ech géif och gärten hei soen, dass et immens vill Aarbecht ass, fir esou e Budget provisoire opzustellen. Ech géif gärten der IGF och Merci soen. Dat ass suplementar Aarbecht, well mir de toute façon am Abrëll den definitive Budget musse maachen. Et ass also additionell Aarbecht, an ech weess, wéi gutt se dat gemaach hunn a wivill Engagement se an där Saach haten.

D'Fauschtregel ass, dass effektiv véier Zwieleftel, also een Drëttel, vun den Depensen agesat ginn. Et gëtt Ausnamen. Et kann ee vläicht bei der Sécurité sociale ënnersträichen, dass sech do op de Budget ajusté placéiert ginn ass, fir d'Kreditter auszerechnen, a bei de Salaire beim Stat, dass net véier Zwieleftel geholl gi sinn, mä véier Dräizéngtel, just nëmme fir ze soen, dass déi Aarbecht mat ganz vill Genaugkeet gemaach ginn ass.

Den Total, deem hei elo festgehalen gëtt fir déi véier Méint, ass 33,8 % oder 33,9 %. Do si mer also ganz no bei deem Drëttel dobäi.

Ech freeë mech, dass alleguerten d'Chamberen e positiven Avis ginn hunn. Si schéngen erkannt ze hunn, wéi wichteg et ass, dass mer hei kënnen an der Kontinuitéit schaffen. Si hunn also och do ganz responsabel gehandelt.

Ech géif gärten awer e ganz e bëssen op e puer Remarque vum Här Roth agoen, an deenen den Zukunftspak, deem déi viregt Regierung geholl huet, denigriert an erofspillt. Mä ouni deen, soen ech lech, géife mer hei net dostoe mat engem Budget 2018 oder mat Konten 2018, déi am Equilibre sinn.

Et ass einfach, fir déi aner ze kritiséieren, zemools wann een hinnen eng Situatioun iwwerlooss huet, wou et kloer war, dass et géif an d'Mauer goen, dass mer déi gutt Bunn géife verlossen an dass mer d'Kritäre vu Bréissel net géifen anhalen. Jo, mir hunn eis Responsabilitéit geholl! Fir dat awer och elo nach wierklech an d'Lächerlecht ze zéien, ass wierklech ganz enttäuschend!

An dat Zweet: D'Konjunktur ass gutt, jo, déi ass gutt. Mä et ass esou mat der Konjunktur: Wa se gutt ass, dann ass et de Meritt vun den Entrepreneuren. A wann d'Konjunktur schlecht ass, dann ass et d'Schuld vun der Regierung. Mä d'Wourecht ass natierlech an der Mëtt! Well, wann d'Konjunktur gutt ass, ass dat net nëmme de Meritt vun den Entrepreneuren, et ass de Meritt vum Kader, dee mer schafen an deem Land. An deen ass gutt!

Dat hu mer mam Brexit gesinn. Firwat hu mer esou vill Entreprisë kënnen unzéien? Ma well eise generelle Kader gutt ass, well mer stabill Statsfinanzen hunn, den Triple-A, alles dat spillt mat. Mä natierlech ass och den internationalen Impakt positiv, wann d'Konjunktur an Europa an an der Welt gutt ass.

An dat Drëtt: Ech hat mer awer wierklech net erwaart, dass Der elo géift op eemol wierklech Är ganz Approche änneren. Während fënnef Joer hutt Der mir als Finanzminister an der Regierung virgeworf, dass mer de Budget net séier genuch an déif genuch géifen an d'Rei setzen a sanéieren, dass eis Konten ni géifen opgoen, dass mer vill ze vill optimisteschen wären. Dat hu mer fënnef Joer laang gehéiert!

An ech war och fest iwwerzeegt, Dir géift an déi Richtung weidergoen a soen: „Alles dat, wat am Regierungsprogramm geschitt, alles, wat Der wëlls hutt, dat ass iwwerhaupt net ze maachen, dofir si keng Suen do.“

Neen, Dir hutt elo komplett d'Meenung gewieselt an Dir sot eis: „Mir hunn elo nach e puer Depensé méi.“ An déi, déi Dir elo herausgesicht hutt, ob dat elo d'Prestation-familiale sinn, déi elo direkt sollen erëm indexéiert ginn, oder de Quart-taux, deem natierlech de Stat Sue kascht, a wat weess ech net nach alles, wat Dir, Här Roth, och virun e puer Deeg hei op dëser Tribün gesot hutt, alles dat géif natierlech eis Statsfinanze belastschen an dann hätte mer keen Equilibre méi. Dofir, ech fannen dat net ganz kredibel!

Mä wat ech haaptsächlech wëll soen: D'Prioritéite vun dëser Regierung, déi sech dann och wäerten am Budget erëmispigelen, mä déi wäerte mer gesinn am Abrëll, wa mer de Budget définitiv vum Joer 2019 wäerten hei diskutéieren an debattéieren. An dofir regrettéieren ech, dass en fait hei eng Polemik gemaach ginn ass iwwer eng Saach, déi eng Selbstverständlechkeet ass. Mir mussen derfir surgen, dass eist Land kann nom 1. Januar funktionnéieren. Dat ass eng Saach vun der Responsabilitéit.

An ech soen natierlech deene Merci, déi dëse Projet ënnerstëtzen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Finanzminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

**Amendements**

D'Chamber stëmmt dann elo iwwert d'Amendementer of. Fir d'Éischt wollt ech den Här Gilles Roth froen, ob hien d'accord ass, datt mer d'Numerotatioun vun den Amendementer änneren, dat heescht, datt den Amendement 2 den Nummer 1 wier, an den Amendement 3 den Amendement 2.

► **M. Gilles Roth (CSV)**.- Ech mengen, Här President, et wier méi einfach, wa mer géife soen, mir stëmmen iwwer zwee Amendementer of, an den éischten Amendement, wou mer driwwer sollten ofstëmmen, dat wier den Amendement 2. Dat ass deen, ob een de Quart du taux global bei der Plus-value vum Verkaf vun Immobilien, also Terrainen oder Haiser, Wunnengen, ob een dee bäibehält iwwert den 31. Dezember eraus oder net. Wann ee wëllt, dass dee bäibehale soll ginn iwwert den 31. Dezember eraus, da stëmmt een dem Amendement 2 zou.

An an deem Kontext wëll ech awer nach soen, datt net mir dat behaupt hunn, Här Gramegna, mä de Statsminister als de Chef vun dëser Regierung, deen net midd gëtt, de Leit ze zielen: „Wann et dem Land gutt geet, da soll et de Leit och gutt goen.“ An da komme mir mat konkrete Proposen, sou wéi där heiter. An déi éischt, déi vun der Oppositioun kënn, do stëmmt Der dergéint an da sot Der erëm: „Jo, mir wëssen net, ob dat do finanziell machbar ass.“

**(Hilarité et brouhaha général)**

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Roth. Ech mengen, da kéinte mer elo doriwwer ofstëmmen.

**Vote sur l'amendement 2**

D'Chamber stëmmt dann elo iwwert den Amendement 2 vun der CSV of, deen als Objet huet, en neit Kapitel virun dat aktuellt Kapitel 1 bäizesetzen. Wie fir dësen Amendement ass, stëmmt mat Jo, wie géint dësen Amendement ass, stëmmt mat Neen.

**(Brouhaha général)**

De Vott fänkt un. De Quorum ass erreecht.

Den Amendement 2 ass mat 26 Jo-Stëmme géint 33 Nee-Stëmme ofgeleent. Den Text bleift ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Résultat définitif après redressement : l'amendement 2 est rejeté par 27 voix pour et 33 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

**Vote sur l'amendement 3**

D'Chamber géif dann elo ofstëmmen iwwert den Amendement 3 vun der CSV, deen als Objet huet, an deem grad ofgeleente Kapitel een Artikel bäizesetzen. Mir kéimen dann zum Vott.

Wie fir dësen Amendement ass, stëmmt mat Jo. Wie géint dësen Amendement ass, stëmmt mat Neen.

► **M. Gilles Roth (CSV)**.- Här President, et sollt een nach eng kéier soen, dass et hei ëm d'Indexéierung vun dem Kannergeld geet.

**(Brouhaha)**

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Roth, fir déi Präzisoun. D'Ofstëmmung ass schonn amgaangen.

**(Brouhaha)**

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**.- Neen, neen, Dir hutt weder dat eent nach dat anert am Wahlprogramm stoen. Ech hunn nach eng

Kéier genoe nogekuckt: Et steet och net ënnert dem Logement ...

**(Interruptions diverses et brouhaha)**

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- De Vott ass ofgeschloss. Den Amendement 3 ass mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme ofgeleent.

**(Brouhaha)**

Den Text bleift ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Roberto Traversini), MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Elo wou déi zwee éischt Amendementer ofgeleent gi sinn, schéngt et mir, datt déi aner zwee Amendementer iwwerflësseg sinn. Merci villmools.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7387 et dispense du second vote constitutionnel**

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7387. Dësen Text steet am Document parlementaire 7387<sup>3</sup>. D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Duerno de Vote par procuration.

D'Resultat ass dat folgend: 31 Jo-Stëmme, 25 Nee-Stëmme a 4 Abstentiounen. De Projet de loi 7387 ass also domadder mat 31 Jo-Stëmme, 25 Nee-Stëmme a 4 Abstentiounen ugeholl ginn.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Roberto Traversini), MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.



**8. 7381 - Projet de loi modifiant l'article L. 222-9 du Code du travail**

Den nächste Punkt ass de Projet de loi 7381, d'Upassung vum Mindestloun ab dem 1. Januar 2019. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn agedroen: den Här Kaes, d'Madamm Elvinger, den Här Back, den Här Goergen an den Här Wagner. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.





## Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir léif Dammen an Hären, et geet, wéi de President grad gesot huet, ëm d'Upassung vum Mindestloun un d'Entwécklung vun de Salairen, de Salaire moyen an de Joren 2016 an 2017.

Duerfir gëtt et eng legal Basis. Dat ass den Artikel 222-2 Paragraf 2. All zwee Joer ënnerbreet d'Regierung der Chamber e Rapport iwwert d'Evolution vum de Conditions économiques an de Salairen, mat, sou steet do, le cas échéant engem Projet de loi, fir de soziale Mindestloun dann unzepassen.

De besote Rapport huet eng Entwécklung vum Duerchschnittsloun vun 1,1 % festgestallt. Am Dezember 2016, wou ech och d'Chance hat, de Rapporteur vum Gesetzesprojet ze sinn, do war et eng Evolution vum 1,4 %.

De Projet de loi, dee mer haut also sollen ofstëmmen, proposéiert deemno, de Mindestloun ab dem 1. Januar 2019 ëm 1,1 % ze erhéien. Dat géif maachen, dass de Mindestloun op 2.071,10 Euro géif klammen, e Plus vun 22,56 Euro, an de qualifizéierte soziale Mindestloun läit da bei 2.485,32 Euro, e Plus vu 27,07 Euro. De Stonneloun läit bei 11,97 Euro respektiv 14,37 Euro fir de qualifizéierte Mindestloun.

De geschätzte Käschtepunkt wäert bei 20,8 Milliounen Euro leien, dovunner 16,5 Milliounen fir d'Salarien a 4,3 Milliounen fir d'Cotisationsen, déi da mussen iwwerholl ginn.

Ronn 60.000 Leit, Dir Dammen an Dir Hären, verdéngen de Mindestloun oder e Salaire, deen no dorunner läit, sou de Rapport, op dee sech dese Projet de loi baséiert. 57,6 % dovunner, also ronn 34.500 Leit, liewen hei zu Lëtzebuerg.

Iwwregens ass den Undeel vun de Mindestlounempfänger an deene leschte Jore geklommen. Am Mäerz 2016 waren et 12,4 % vun de Salariéen. Zwee Joer méi spéit sinn et 15,3 % vun de Salariéen, déi Mindestlounempfänger sinn. Déi meescht vun hinne schaffen am Commerce oder am Hebergement oder an der Restauration.

Déi, déi eng Kéier mat 2.071 Euro hu missen eens ginn, wëssen, dass déi 34.500 Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, et ganz schwéier hunn, mat deenen 2.071 Euro hei eens ze ginn. Dat ass eng schwierig Situatioun. Et ass wierklech net einfach. Dofir ass all Erhéijung, a sief et och nëmmen am 1 %-Beräich, eng willkommen Erhéijung.

D'Avisen zu der Upassung vum Mindestloun si wéi ëmmer gedeelt. Och dat ännert net par rapport zu 2016. D'Chambre des Métiers kritiséiert de Quasiautomatismus vun der Upassung vum Mindestloun, fënnt, dass déi ekonomesch Konditiounen eng Augmentatioun vum Mindestloun net erlaben, a gesäit de Risiko, dass wéinst där Erhéijung manner Aarbechtsplaz geife geschäfe ginn. Dat huet se och schonn 2016 gesot.

De Rapport, deen lech hei virläit, dee seet awer, dass mer e staarken Zouwuess vum Emploi an deene vergaangene Joren haten, sou dass also hir Previsioun - déi vun der Chambre des Métiers - net richtig war, zumindest emol net an deene leschten zwee Joer.

D'Chambre des Salariés fënnt, dass d'Erhéijung vum Mindestloun, déi hei virgeholl gëtt, net duergeet, virun allem am Verglach mat den héije Liewenskäschten zu Lëtzebuerg. D'Chambre des Salariés weist dann och drop hin, dass de Mindestloun ënnert dem Seuil de risque de pauvreté an och ënnert dem Budget de référence läit. An duerfir setzt d'Chambre des Salariés sech dann och fir eng „augmentation structurelle conséquente“ vum Mindestloun an.

Effektiv läit den Niveau ënnert dem Budget de référence, op gutt Lëtzebuergesch: Et ass jee no Familljekonstellatioun schwéier bis quasi onméiglech, fir mam Mindestloun hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Ronnen ze kommen.

Ech schwätzen hei vun de Working Poor. An d'Situatioun vun deene Working Poor, déi ass fir mech inakzeptabel, ëmsou méi an engem räiche Land wéi Lëtzebuerg. Et kann net sinn, wann s de hei 40 Stonnen d'Woch schaffe gees, dass de dann nach net genuch hues, fir hei kënnen ze liewen. Dat ass eng Situatioun, déi ass an engem Land wéi Lëtzebuerg inakzeptabel!

An duerfir freet et mech och, dass d'Regierung plangt, eng weider Augmentatioun vum Mindestloun ze maachen, dat am Ganze mat 100 Euro netto. Jo, et kann een driwwer diskutieren, ob dat duergeet. Ech si frou, dass mer déi 100 Euro netto hei wäerte kënnen - net haut, mä an där nächster Zäit - definitiv fixieren. An dat ass och e wichtige Schratt fir déi Leit, déi net vill hunn.

D'Modalitéite sinn amgaangen ausgeschafft ze ginn a wäerten dann och retroaktiv op den 1. Januar 2019 applizéiert ginn. Fir déi Leit ass dat eng absolutt Necessitéit, fir hei zu Lëtzebuerg nach weider decemment kënnen ze liewen. An ech sinn och frou, dass mer dat an deem Regierungsprogramm hunn.

Eng positiv Adaptatioun muss een och nach hei ervirstächen - dat ass dann den nächste Projet de loi -, dass nieft dem Mindestloun dann och de REVIS mat gehéicht gëtt. Mir hunn hei dee Parallelismus, deen och ëmmer vun der Chambre des Salariés bis elo beanstant gouf an deen och schonn 2016 mat consideréiert gouf, wéi et ëm eng Erhéijung vun 1,4 % gaangen ass fir de Mindestloun, an dunn ass och den RMG - déizäit huet en nach esou geheescht - ëm 1,4 % gehéicht ginn. Hei wäerte mer dann och eng Erhéijung vum Mindestloun vun 1,1 % an och eng vun 1,1 % vum REVIS kréien.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech wäert heimat och den Accord gi vun der sozialistescher Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engel. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Aly Kaes ageschriwwen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. Jo, mir hu viru Kuerzem de 70. Geburtsdag vun der Mënscherechtsdeklaration gefeiert. An am Artikel 23 vun där Deklaratioun steet ze liesen, ech zitieren: « Quiconque travaille a droit à une rémunération équitable et satisfaisante lui assurant ainsi qu'à sa famille une existence conforme à la dignité humaine et complétée, s'il y a lieu, par tous autres moyens de protection sociale. »

(**M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.**)

Dir Dammen an Dir Hären, de Mindestloun ass deemno enk verbonne mat der Würd vum Mënsch. De Mindestloun ass iwwregens hei am Land 1944 agefouert ginn, an dat als Instrument vum soziale Friden.

D'CSV stoung an der Vergaangenheet a steet haut nach wie vor ëmmer hannert enger regelméisser Upassung vum dem Mindestloun. Esou steet et och an eise Wahlprogramm.

Zesumme mat der Indexéierung, Dir Dammen an Dir Hären, ass de Mindestloun déi lescht zwielef Joer net manner wéi 14-mol no uewen ugepasst ginn. De Mindestloun läit ouni Qualifikatioun haut - ech betounen, 2018 - bei 2.048,54 Euro, Enn 2006 waren et eréischt 1.541 Euro. Den Ennerscheid si ronn 33 %.

Mir beschléissen haut, Här President, eng Augmentatioun vum Mindestloun vun 1,1 %, eng Decisioun, déi d'Regierung a sech scho virun de Wahlen kommunizéiert huet, awer eréischt formal no de Wahlen beschloss huet. Domadder verbessert sech d'Situatioun, et ass virdru scho gesot ginn, fir ronn 60.000 Leit ëm 23 Euro brutto, wat dann ongeféier 17 Euro netto ausmécht. Dir wësst jo, ech brauch lech et net ze soen, dass dat awer ganz modest ass!

Mir begrëssen natierlech dës Hausse. Mä wéi ech et scho gesot hunn, déi betraffe Leit an hir Famillje kënnen domadder wierklech keng grouss Spréng maachen. An awer mengen ech, si se frou, wa se e puer Euro méi an der Täsch hunn.

Eppes, wat mer awer ze bedenke ginn - esou steet et am Gesetzesprojet -, ass och d'Hausse, an et ass scho gesot ginn, vun de Mindestlounempfänger iwwert déi lescht zwee Joer. Effektiv hu mer op den 31. Mäerz 2018 60.000 Leit, déi ronderëm de Mindestloun schaffen, dat si 15.000 Leit méi wéi 2016, dat heescht eng Hausse vu 25 %.

Virun zwee Joer hat den deemolegen Aarbechtsminister nach eng Tendenz no ënne gesinn an dat och kommunizéiert. Déi kënne mer awer leider haut definitiv net erkennen. An dat soll eis wierklech ze denke ginn!

Derbäi kënnt, et ass schonn éinescht gesot ginn, dass de Phänomeen vun de Working Poor weider zouhëlt. Den Aarmutsrisiko fir dës Leit ass vun 11,9 % 2016 op 13,7 % 2017 geklommen. Anescht gesot: Mir sollen eis elo wierklech hei net bretzen, wann d'Leit elo ganz e bësse méi hunn. Déi Leit wäerten et ëmmer nach ganz schwéier hunn, domadder dezent ze liewen.

Jo, laut Statec bräicht a sech e Single-Mann 2.004 Euro de Mount, fir ze liewen. Eng Fra bräicht statistesch gesinn - ech betounen: statistesch gesinn - e bësse manner Geld: 1.998 Euro. Dir Dammen an Dir Hären, et ass net u mir, déi Differenz elo hei iergendwéi ze

kommentéieren. Ech hunn dat do just gesot, fir dann op déi 2.071 Euro brutto ze schwätzen ze kommen. An ech mengen, Dir sidd mat mir d'accord, dass een et mat 2.071 Euro brutto ganz schwéier huet, fir an deem Land hei, an et ass och virdru scho gesot ginn, iwwert d'Ronnen ze kommen. An dës Persoun sinn alleguere ganz no bei der respektiv an der relativer Aarmut.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerfir huet d'CSV ëmmer betount, dass mer Mindestlounempfänger zousätzlech misste stëtzen. Déi Betraffe sollten netto ganz einfach méi an d'Täsch kréien. Mir hu proposéiert, de steierleche Wee anzeschloen an de Mindestloun ganz einfach vun der Akommessteuer ze befreien.

Bon, mä Kolleg Gilles Roth huet dat d'lescht Woch schonn hei op dëser Plaz nach eng Kéier am Detail erkläert. D'CSV huet op där enger Säit proposéiert, de steierbefreiten Akommesmontant vun 11.265 Euro op 12.000 Euro ze erhéien. Doriwwer eraus ass et d'Propos, den onqualifizéierte Mindestloun ganz einfach vu sämtleche Steieren, dat heescht vun der Akommessteuer, ze befreien. Domadder leie mer och ganz kloer op enger Linn mat dem Sozialgrupp (veuillez lire : Salariatsgrupp) vum Wirtschafts- a Sozialrot.

Mir sinn der Meinung, dass een, dee Mindestlounbezéier ass, deen de Mindestloun kritt, keng Akommessteuer sollt mussen bezuelen. An dat kéint een a sech an eisen Aen duerch e speziellen degressive Steierkredit fir d'Mindestlounbezéier errechen.

De Moment bezilt de Mindestlounbezéier an der Steuerklasse 1 no Ofzuch vun de gesetzleche Sozialbeitrэг mat dem Forfait fir steierlech ofsetzbar Werbungskäschten an dem Forfait fir Sonderausgaben, also de sougenannten „dépenses spéciales“, an dem Steierkredit vu 600 Euro, deen Der zu Recht d'lescht Joer agefouert hutt, awer nach 427 Euro, natierlech als Jonggesell, Akommessteuer.

Mir hunn de steierleche Wee virgeschloen, well d'Hausse vum Mindestloun net op Käschte vun de Kleng- a Mëttelbetriber soll goen, a besonnesch net vun deenen, déi de Rapporteur och virdrun hei opgezielt huet. Well d'Leit schaffe virun allem am Handel an an der Horesca - an dëse Beräicher an nach an aneren, mä virun allem an deenen do zwee Beräicher - fir de Mindestloun, an dat géif natierlech fir dës Betriber eng bestëmmte Belaaschtung ginn. An dës Betriber sti souwiso schonn ënner engem gewëssene Präisdrock oder si sinn dem Präisdrock an engem bestëmmte Sënn ausgesat.

Dat erkläert och - nach eng Kéier -, firwat dass mer higaange sinn an de steierleche Wee ageschloen hunn. Eise Wee war also ganz kloer vun Ufank u virgezeechent.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss awer nach e puer Saache soen. Jo, déi Lëtzeburger Sozialistesche Aarbechterpartei war jo an d'Wahlen gaange mat diverse rouden Linnen.

► **Une voix**.- Genau.

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Eis sozialistesche Kollege sinn net midd ginn ze soen - an et ass jo elo nach eng Kéier hei widderholl ginn, dass dat iergendeng Kéier kéim, mä esou war et net gesot - an ëmmer erëm och ze betounen, dass et ouni eng Mindestlounerhéijung vun 100 Euro netto, Här Rapporteur, den 1. Januar 2019 keng sozialistesche Regierungsbedeeling géif ginn. An zu deenen 100 Euro netto gehéiert - an dat war den Här Nicolas Schmit, deen dat gesot huet - ganz kloer net déi 1,1 %-Upassung, wéi mer et elo grad hei erkläert hunn, dass all zwee Joer d'Evolution gekuckt gëtt an dann deementspreechend de Mindestloun ugepasst gëtt.

Neen, dat sollt net zu deenen, esou ass et mindestens erkläert ginn, 100 Euro netto gehéieren.

(**Interruption**)

Esou kënnt et awer elo net méi eriwuer. Et ass ëmmer erëm betount ginn: „1. Januar 2019“, ech muss et ëmmer erëm widderhuelen.

(**Interruption**)

Jo, hei ass elo gesot ginn, dat kéim retroaktiv. A wat fir enger Form dass dat iwwerhaapt méiglech ass, dat muss een emol kucken. An et muss een emol kucken, ob dat iwwerhaapt eng Kéier kënnt! Fakt ass, dass den 1. Januar 2019 ...

(**Interruption par M. Claude Haagen**)

Här Haagen, den 1. Januar 2019 hunn déi Leit mat Ausnam vun där Upassung, déi mer elo stëmmen, null an der Täsch. Dat ass d'Realitéit an do kënnt Der drun dréien esou vill wéi Der wëllt! An domadder hunn a sech d'Sozialisten op jidde Fall net dat gemaach, wat se ...

► **Une voix**.- Mir gesinn dat.

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Jo, mir gesinn dat.

(**Interruption**)

Et ass esou gesot ginn an et ass méi wéi präzis esou gesot ginn. Et ass ongeféier esou gesot gi wéi: „Wa mer eelef Sätz oder manner kréien, da sti mir net méi fir d'Regierungsverantwortung zur Verfügung.“

► **Une voix**.- Oh jee!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Mä och do hunn d'Sozialisten dat vill méi nuancéiert gesinn. An et ass alles, dass se net gesot hunn, si hätte gewonnen, well d'Koalitioun huet jo manner vill verluer ..., si huet zwar e Sätz verluer ...

► **M. Georges Engel** (LSAP), *rapporteur*.- „Frustbewältigung“ nennt een dat do!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Mä wann déi gréng net gewiescht wieren, dann hätt d'Koalitioun, ech wëll dat just soen, net ganz gutt ausgesinn. Mä dat ass jo elo net de Sujet.

(**Brouhaha**)

Op jidde Fall, d'Hausse vum Mindestloun ...

Jo, Dir hätt jo direkt kënnen elo an dësem Gesetzesprojet déi 100 Euro netto mat an d'Rei bréngen, esou wéi Der de Leit dat versprach hutt, an da wier dat op jidde Fall och esou, wéi Dir et virun de Wahlen gesot hutt.

► **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- D'CSV ass sécher net méi d'Partei vun dem Patronat!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Deem ass awer net esou. Dat heescht, Dir hutt et a kuerzer Zäit zweemol anescht gemaach, wéi Der et virun de Wahlen gesot hutt. Fakt ass, an ech widderhuelen et nach eng Kéier, den 1. Januar 2019 hunn d'Leit, déi fir de Mindestloun schaffen, just eng Upassung vun deem, wat elo un der Evolution errechent ginn ass, an dat sinn 23 Euro brutto an dat si 17 Euro netto!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir begrëssen natierlech, ech mengen, dat ass keng Diskussioun, dat hunn ech och kloer gesot, dass 60.000 Leit duerch dës Projet eng kleng zousätzlech finanziell Ennerstetzung kréien. Mä nach eng Kéier: Mir brauchen eis wierklech net domadder ze bretzen!

Eng Fro, déi ech awer vläicht nach un den Här Minister hunn, dat ass: Mäi Parteikolleg Marc Spautz huet virun zwee Joer u sech d'Fro vun de Lehrlingsentschiedegungen opgeworf, ob déi dann och elo géifen ënnert deeselwechte Mechanismus falen. Dir kënnt, Här Minister, eis vläicht dozou en Opschloss ginn.

Bon, ech kéim zum Schluss. Ofschléissend wëll ech dann awer ganz kloer soen, ech mengen, ech hunn et schonn eng Kéier betount, et ass also net iwwerraschend, dass mer dee Gesetzesprojet awer hei wäerten ennerstëtzen als CSV. An ech géif domadder also och den Accord ginn a Merci soe fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **Une voix**.- Ganz gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Joëlle Elvinger.

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP).- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, Leeschtung muss belount ginn. Dat ass ee vun de Grondprinzipien, déi d'Demokratesche Partei nach ëmmer verdeedegt huet. Aarbecht muss sech lounen. Dat ass fir eis eng Evidenz.

Een, deen all Moien opsteet a schaffe geet, därer net d'Gefill kréien, dass déi geleschten Aarbecht finanziell kee groussen Ennerscheid mécht. Et si virun allem allengerzéiend Elteren, déi zu Lëtzebuerg vum Aarmutsrisiko betraff sinn, an dat obwuel si schaffe ginn.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

D'Liewen zu Lëtzebuerg ass deier, virun allem d'Wunne belaauscht de Budget vu ganz ville Leit. Et ass d'Aufgab vun der Politik, ze verhéieren, dass et zu Lëtzebuerg déi sougenannten „working poor“ gëtt, also Leit, déi trotz enger Schaff vun Aarmut betraff sinn.

Déi regelméisseg Upassung vum Mindestloun un déi allgemeng Lounentwécklung sinn ee Moyer, fir deene Leit ënnert d'Aerm ze gräifen. Duerfir huet d'DP dës Upassungen och ëmmer matgedroen a wäert dat och dës Kéier maachen. Mir dierfen awer net vergiessen, dass de Mindestloun net vun der Politik, mä vun de Betriber bezuelt gëtt. Mir hunn als DP do virdru gewarnt, allze liichtferteg mat de Sue vun anere Politik ze maachen, ganz einfach well mir wëssen, dass déi Sue fir d'Éischt mussen erwirtschaft ginn. A wann dat net de Fall ass, sinn Aarbechtsplazen a Gefor.